09



# Bosses et Bobos

## Dossier de l'animateur

# Dossier de l'animateur

## Dossiers édités par la commission consultative à la formation des animateurs :

01 Animateur ginn, Animateur sinn

02 Sëcherheet / Sécurité

03 Kachen a Brachen

04 Erlebnispädagogik mit Gruppen

05 Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

06 Jonker stäerken, Jonker schützen

07 Opbau vun enger thematescher Colonie

08 Spiller am Grupp

09 Bosses et bobos

10 Wald-Meister

Hors série :
Lidderhanes
Le dossier du formateur
Reflexes

## Impressum

**Matgeschafft**
FNEL Scouten (Equipe Bosses & Bobos),
Lëtzebuerger Guiden a Scouten (Christopher Schuh)
an Zesummenaarbecht mam SNJ

**Editeur:**
**Service national de la jeunesse**
Boîte postale 707 L-2017 Luxembourg
**Adresse siège**
138, blvd de la Pétrusse L-2330 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.lu www.snj.lu

**Graphisme et mise en page:**
Nuances

**Drock:**
Imprimerie REKA
Erscheinungsjoer
2016 (2.editioun) 3000 ex.

# Index


| | |
|---|---|
| **1. Aleedung** | **4** |
| **2. Präventioun vu Krankheet an Accidenter** | **5** |
| 2.1 Charta | 7 |
| 2.2 Preparatioun virum Camp | 8 |
| **3. Boboen an Noutfäll** | **12** |
| 3.1 Déi 5 gëlle Regelen | 12 |
| 3.2 Erklärung vun de Symboler | 13 |
| 3.3 Kleng Boboen: di éischt Gesten | 14 |
| **4. En Accident / En Noutfall** | **48** |
| 4.1 Du méchs de Bilan vun der Situatioun | 48 |
| 4.2 Du méchs en individuelle Bilan | 48 |
| 4.3 Hëllef ruffen | 51 |
| 4.4 Noutfäll | 52 |
| **5. Éischt Hëllef-Këscht** | **64** |
| 5.1 Wat kënnt alles dran? | 66 |
| 5.2 Explikatioune fir d'Éischt Hëllef-Këscht | 66 |
| **6. Medikamenter** | **68** |
| 6.1 D'Gerance vun de Medikamenter | 68 |
| **7. Assurancen** | **70** |
| **8. Fiches médicales** | **72** |
| **9. Praktesches** | **74** |
| 9.1 Resumé's Tabell vun de Fiches Médicale | 74 |
| 9.2 Tabell vun de Medikamenter | 74 |
| 9.3 Carnet vun de Soinen | 75 |
| **10. Bibliographie** | **76** |

# 1. Aleedung

Op Aktivitéite mat Kanner oder Jugendlechen si kleng Boboen oder Krankheeten net auszeschléissen. Dir gitt regelméisseg confrontéiert mat Situatiounen déi fir iech nei an ongewinnt sinn, wou dir eventuell Angscht hutt an net wësst wéi dir richteg sollt handelen.

Dëse klengen Dossier ass eng Hëllefstellung fir iech. Wann dir gutt (in)forméiert sidd, ass et fir iech sécher méi einfach richteg ze handelen.

Dës 2. Editioun gouf aktualiséiert, ergänzt, erweidert an un déi aktuell Bestëmmungen ugepasst. Ganz besonnesch ervir ze hiewen ass d'Mataarbecht vum Christopher Schuh vun den LGS, op dem senger Gilwell Aarbescht e groussen Deel vun dëser 2. Editioun baséiert.

De Manuel Bosses & Bobos ass keen Éischt Hëllef-Cours an ersetzt en och net. Op vill Situatiounen an Handgrëffer, wéi z.B. Mond-zu-Mond Beootmung kënne mir hei net agoen.

Et gi Situatioune wou dir ouni Éischt Hëllef Kenntnisser net effektiv kënnt hëllefen. Dofir rode mir iech, nieft der Formatioun Bosses & Bobos och en Éischt Hëllef-Cours vun der Croix-Rouge Lëtzebuerg oder der Protection Civile matzemaachen.

D'Redaktiounsequipe huet dësen Dossier no beschtem Wëssen a Gewëssen zesumme gestallt. Trotzdem ass et net aus ze schléissen, dass déi eng oder aner Informatioun an e puer Méint iwwerholl an net méi richteg ass. D'Equipe kann aus dëse Grënn keng Responsabilitéit fir Korrektheet iwwerhuelen. Bei Zweifel,
wennt Iech ëmmer un en Dokter.

**D'Redaktiounsequipe**

## Awer opgepasst

### Bosses et Bobos ≠ Éischt-Hëllef-Cours

# 2. Präventioun vu Krankheet an Accidenter

Animateur sinn, heescht eng grouss Responsabilitéit op sech huele vis-à-vis vun de Jonken, den Elteren an der Gesellschaft.

“Safety first” soll de Leitmotiv si fir all d’Aktivitéiten, ouni dëst op d’Spëtzt ze dreiwen.
Déi Jonk solle jo eppes léieren, si mussen d’Gefore kenne léieren an domadder ëmgoen.

Kuck och den „Dossier de l’animateur N°2 SËCHERHEET“. Hei fënns du vill Denkustéiss, Gesetzer a Reglementer oder Preventiounsmoossnamen op déi’s du muss oppassen.

**Responsabilitéit huele bedeit :**

• An all Situatioun richteg handelen: Mat guddem Wëssen a Gewëssen, d.h. informéiert, déi richteg Décisiounen treffen;

• Responsabilitéit iwwerhuelen:
Sech trauen, eppes maachen, zu sengen Doten an Décisioune stoen a sech veräntweren, wat em sou méi einfach ass, wann ee gutt virbereet ass;

• Transparent op allen Niveaue sinn, virun allem vis-à-vis vun den Elteren.

• Seng Grenze kennen:
Net den Held spillen (Och Dokteren a Pompjeeë si keng Helden, si kenne just hiert Handwierk, hire Beruff)

• Richteg kommunizéieren:
Nodenken a plangen éier ee kommunizéiert. (z.B. mécht et net vill Sënn an der Hektik den Eltere Bescheed ze soe wann eppes geschitt ass; ofwaarde bis een an der Klinik ass, sech berouegt huet a wierklech weess wat lass ass, ass sécher déi besser Alternativ.)



# 2.1 Charta

## Charta vun der Risiko Präventioun während Jugendaktivitéiten

Eng Charta mat Richtlinne fir Aktivitéite gouf am Joer 2007 ausgeschafft a vun de grousse Jugendassociatioune vu Lëtzebuerg ugeholl.

Op d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Jonken, déi eis uvertraut gi sinn, opzepassen ass fir eis Associatiounen eng moralesch a gesetzlech Flicht. Allerdéngs gehéiert Gefor zum Liewen dozou a kann ni ganz vermidde ginn. Am Bewosstsinn vun eiser Verantwortung fir während eisen Aktivitéiten all Risiko souwäit ewéi méiglech vir ze beugen, engagéiert eis Associatioun sech zu folgendem:

- Sech den Interessen, de Kompetenzen an der Motivatioun vun de Jonken, déi matginn, bewosst ze sinn
- Animatiounen unzebidden déi op Vertrauen, Respekt a Solidaritéit baséieren
- Während den Aktivitéiten eng Ambiance ze erschafen déi en harmonescht Gruppeliewen erméiglecht
- Op d'Wuelbefannen, d'Hygiène an d'Sécherheet vun de Jonken opzepassen
- Op eng gesond an equilibréiert Ernährung opzepassen
- De Jonke kloer an däitlech ze vermëttelen no wat fir Regelen et ofleeft
- Déi Jonk op Gefore bei den Aktivitéiten hinzeweisen an hinnen déi richteg Uleedungen ze ginn
- Op eng Betreiung vum Grupp, déi un d'Gruppenzesummesetzung an un d'Aktivitéit ugepasst ass, opzepassen
- Den Animateuren eng Dokumentatioun zur Verfügung ze stellen déi se fir d'Risiko Präventioun sensibiliséiert
- D'Animateuren dozou ze encouragéiere fir bei Stagen iwwer d'Auswäerten a Präventioun vu Risike matzemaachen

# 2.2 Preparatioun virum Camp

Präventioun bedeit ëmmer och Preparatioun. Wann een am Virfeld vun der Kolonie oder dem Camp gutt virbereet ass, da kann een net nëmme schonn eventuell Problemer aus de Féiss goen, mä et kann och schnell a mat engem kloere Kapp reagéieren, wann awer emol eppes geschitt.

**Zur Preparatioun gehéiere 4 Felder:**
1. Sech mat de Bedéngungen op der Plaz bekannt man
2. Un alles denken: Checklëscht
3. Dokumenter kennen a beieneen hunn
4. D'Hygiène um Camp / op der Kolonie

## 2.2.1 Sech mat de Bedéngungen op der Platz bekannt maan

Zur Präventioun vun Accidenter op Campen, Kolonië oder Weekender gehéiert als éischte Punkt, sech op der Plaz a mat de Bedéngungen an der Uertschaft, am Bësch, oder vläit souguer an engem anere Land aus ze kennen.

Wann een als Responsabel eng Kolonie organiséiert, oder als Animatrice e Spill am Bësch, am Duerf oder an engem Haus, da sollt ee sech am Viraus schonn eemol mat der Géigend bekannt gemeet an esou Froe gestallt hu wéi:

• Eegent sech dëse Bësch fir e Spill wou vill gelaf gëtt? (Ass en net ze dicht bewuess, net ze géi?)

• Sinn op der Campplaz oder ronderëm Geforequellen, déi onschiedlech gemeet oder ofgespaart musse ginn?

• Hunn ech fir dat Land, an dat mir ginn, all déi néideg Dokumenter?

• Hunn ech d'Participante fréi genuch iwwer alles informéiert wat si matbrénge mussen?

• An esou weider...

## 2.2.2 Un alles denken: Checklëscht

Eng Checklëscht huet de Virdeel, virun der Sortie, dem Weekend an dem Camp näischt ze vergiessen an eng qualitativ gutt Virbereedung zu garantéieren.
Et ass kloer dass déi hei proposéiert Lëscht net komplett ka sinn, an et ass un lech dës Lëscht äre konkrete Besoinen unzepassen.



# Checklëscht

## Aufgab

- **D'Formatioun Bosses & Bobos matmaachen**
- Éischt Hëllef Wësse vun den Encadranten opfrëschen.
- **Hu Kanner/Jugendlecher Medikamenter déi speziell versuergt (z.B. Frigo) musse ginn?**
- Fiches médicales ausdeelen (un d'Cheffen an un d'Kanner / Jugendlecher) a mat Zäit asammelen.
- **D'Adress an d'Telefonsnummer vum Dokter/Zänndokter/ Klinik an Apdikt déi am nootste vum Chalet/Campplaz sinn opschréiwen.**
- D'Adresse vum Chalet an/oder d'Coordonnéeë vun der Campplaz/Nuetsplaz vum Hike opschreiwen. Sech och am Viraus iwwerleeë beim Plange vum WE/Camp/Hike/ Ausfluch/Trëppeltour op d'Plaz/de Wee fir Hëllef (Ambulanz, Pompjeeënm Helikopter) acessibel ass a wéi een den Wee dohinner esou gutt wéi méiglech beschreiwe kann.
- **Wann een an d'Ausland fiert: Spezielles iwwert dëst Land erausfannen (Impfungen, Noutruff Nummer, Dokteren, Kliniken...)**
- Wa Leit aus dem Ausland kommen: Hunn ech u speziell Bedéngungen an hirem Land geduecht? Net iwwerall hunn d'Leit z.B Impfkaarte bei sech doheem.
- **Auslands-/Krankeversécherungen a Rapatriement (ass jidderee fir e Rapatriement verséchert z.B Air Rescue) klären.**
- Eng ugepasste Reserve Sue mathuele fir de Fall wou ee misst Rechnungen direkt bezuelen.
- **Iessplang a Programm vum Camp/Weekend ënnert den Bléckpunkt vun der Gesondheet duerchkucken.**
- Stinn op der Lëscht, wat d'Kanner/déi Jugendlech musse matbréngenm folgend Saachen drop:
  - Sonnecrème
  - Kap / Mutz / Hutt
  - Anti-Moustique Spray
  - Perséinlech Medikamenter
  - Nuesschnappecher
  - Eventuell Ersatz-Bréll

### 2.2.3 Dokumenter

Zu de wichtegsten Dokumenter gehéieren:

- Fiche médicale
- Déclaration d'accident (Kuck och d'Kapitel 7 )
- Carnet des soins (Kuck och d'Kapitel 9 )
- Krankekees-Kaart
- Impfkaarten
- Carte d'identité
- Autorisations parentales
- Och d'Animateure sollen eng Fiche médicale ausfëllen

Dës Dokumenter soll ee gutt kennen, an um Camp, Weekend, ëmmer prett, gutt geraumt an zougänglech fir all Responsabel hunn. Eng Idee ka sinn dës Dokumenter an engem Noutfalldossier ze klasséieren, an deem een och nach zousätzlech Informatioune sammele kann, wéi z.B.

• Telefonsnummere fir den Noutfall vun
- Ambulanz, Pompjeeën, Police
- Organisatioune wéi SNJ, CAPEL, UGDA, FNEL, LGS, a.s.w.
• Adresse vun - Dokter, Kliniken, Apdikten aus der Géigend

An der Annexe zu dësem Dossier fënns du Beispiller vun dësen Dokumenter.

### 2.2.4 Hygiène

Och Hygiène ass Präventioun fir net krank ze ginn. Zur Hygiène gehéiert an eisem Fall speziell d'Hygiène am Chalet, op der Campplaz an och déi perséinlech vun all Kand, Chef an Animateur.

Am Dossier N° 2: Sécherheet gëtt d'Hygiène ganz am Détail behandelt. Kuck nach eemol an deem Dossier no fir dech mat de Regele vertraut ze man.

Du fënns awer och an der Lëscht vun de Boboen an Noutfäll ëmmer erem Hiweiser op wat s du solls oppassen, fir ze vermeiden dass iwwerhaapt eppes geschitt.



# 3. Boboen an Noutfäll

An dësem Kapitel hu mir fir iech déi heefegst Boboen an Noutfäll opgelëscht, deenen dir trotz aller Präventioun op engem Camp oder enger Kolonie begéine kéint.
Dat heescht awer och, dass dës Lëscht net komplett ass, an dass et ëmmer emol zu Situatioune komme kann, déi net am "Léierbuch" stinn. Op esou Situatioune soll iech d'Sektioun 4 virbereeden.

Bei all de Boboen an Noutfäll hu mir iech op d'mannst ee Beispill dobäi geschriwwen, wéi sech de Bobo presentéieren oder den Accident ereegne kéint. D'Fiche mat hire Symboler ass op der nächster Säit beschriwwen.



## 3.1 Déi 5 gëlle Regelen

**Éier s du iergend e Soin méchs, ass et wichteg folgend Regelen ze respektéieren:**

**1. Wäsch der ëmmer gutt d'Hänn, oder desinfizéier se op mannst, do Händschen un a gebrauch ëmmer proppert Material.**

**2. Net Dokter spillen, keng Automedikatioun maachen. Léiwer eemol ze vill bei den Dokter goen, wéi engem Jonken e Medikament ginn, op dat e vläit allergesch ass.**

**3. E gesonde Liewensstil ka ville Gesondheets-problemer virbeugen oder esouguer verschiddener léisen.**

**4. Kee Problem erofspillen, mä eescht huelen.**

**5. Am Zweiwelsfall léiwer eng Kéier ze vill bei den Dokter oder an d'Spidol goen. (Hei gëllt allgemeng: Bei enger schlëmmer Verletzung oder enger liewensbedrolecher Situatioun eng Ambulanz via 112 ruffen. Bei enger klenger Verletzung oder Krankheet selwer bei den Dokter oder an d'Urgence fueren. Opgepasst: Mat enger Ambulanz kënnt een net méi séier an der Urgence un d'Rei.)**


# 3.2 Erklärung vun de Symboler




**Definitioun: Erklärung vun der Blessur, Krankheet, wichtegst Charakteristiken: Symptomer, Zeechen, Observatiounen**



**Wat ass ze maachen?**



**Wéi ee Material soll ech gebrauchen?**




**Präventioun: Et ass eppes geschitt...mä wat kann ech maachen dass et net erëm geschitt?**



**Op wat muss ech oppassen, wann ech engem hëllefen?**



**Wat op kee Fall ze maachen ass!**



**Info, en Trick, eng nëtzlech Informatioun.**



**Bobo oder Krankheet wou eng medezinesch Interventioun néideg ass!**



**Opgepasst: Verschidde Persoune sinn allergesch op bestëmmte Substanzen.**

# 3.3 Kleng Boboen: di éischt Gesten

An dëser Rubrik weise mir iech déi heefegst kleng a gréisser Verletzungen, déi kënnen optrieden. „Déi éischt Gesten", dat heescht, dass dat heite Fäll sinn, an deenen dir meeschtens nach kënnt selwer eng Hand uleeën. Et handelt sech net ëm Noutfäll.


## 3.3.1 Wonnen

Am Fall wou...

- e Kand beim Rolze fält a sech de Knéi oprappt;
- e Jonke sech beim Kachen an d'Hand schneid;
- e Jugendlechen mam Kapp an d'Kant vun der Fënster rennt an um Kapp blutt;
- e Kand mat de plakege Féiss a Glasschierbelen trëppelt. D'Glas stécht zimlech déif am Fouss.



**Vun enger Wonn schwätzt een wann d'Haut oder Schläimhaut op enger Plaz méi oder manner déif opgerappt ass, an et bludd.**
Et ginn einfach a kompliźeiert Wonnen: eng einfach Wonn muss kleng, wéineg déif, wéineg verdreckst, ouni Friemkierper sinn an däerf nëmme wéineg bludden. Wann ee vun dëse Punkte fehlt ass et eng kompliźeiert Wonn. **Awer opgepasst!** Ob eng Wonn einfach oder kompliźeiert ass, eng Gefor besteet ëmmer, déi vun der Infektioun. Duerch déi offen Haut komme Bazillen eran, de Kierper wiert sech géint dës Infektioun, an dat kann ee gesinn.



Sech d'Hänn mat Seef wäschen, gutt ofspullen a mat engem proppere Handduch ofdréchnen.
Iwwerflächlech Wonnen/Hautabschürfungen.
- D'Wonn mat isotoner Kachsalzléisung (NaCl 0,9%) oder mat propperem Waasser a mat Hëllef vun enger Kompress auswäschen an dréchnen.
- Mat enger steriler Kompress d'Wonn vu bannen no baussen desinfizéieren.
- Mat engem Verband oder enger Plooschter ofdecken.

Schlëmm Wonnen (Grouss/déif/Friemkierper).
- D'Wonn steril mat engem Verband oder enger Kompress zoumaache fir d'Bluddung ze stoppen, dann an d'Klinik oder bei den Hausdokter fueren.
- **Ni e gréissere Friemkierper eraushuelen!**



- Seef, proppere Läppchen an Duch, fléissend Waasser
- Steril Kompressen
- Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%)
- Verband
- Propper Schéier



**- Emmer d'Tetanus/Starrkrampf Impfung kontrolléieren (All 10 Jor e Rappel).**
- Keen Alkohol huele fir ze desinfizéieren.
- Verschidden Désinfectanten net vermëschen.
- E Verband ëmmer vun ënnen no uewe maachen, an net ze fest bannen.

Iwwerflächlech Wonne kënnen och ënnert fléissend Waasser ausgewäsch ginn, dat stoppt d'Bluddung an et spullt an engems d'Keimer eraus.
Wa kleng Schnëttwonne weider bludde kann een 2-3 Minutte mam Fanger drop drécken an de Kierperdeel héich halen.

Bei den Dokter/Klinik goen a folgende Fäll:
- Bei schlëmme Wonnen.
- Wann d'Wonn no enger Zäit rout, geschwollen oder déck ass, Eeter erauskënnt, net heelt oder wéi deet, dann ass se entzünt.
- Wann e roude Stréch vun der Wonn Richtung Kierper fort geet. Da kann et eng Bluttvergëftung sinn.

Opgepasst: Verschidde Persoune sinn allergesch op bestëmmten Désinfectanten. Informéier dech bei denger Organisatioun wat fir een Désinfectant si virschreiwen an empfehlen.
Den SNJ verwennt op Urode vun der „Administration des services médicaux du secteur public" "Hibidil" als Désinfectant, well dësen net brennt a bis elo keng allergesch Reaktiounen drop bekannt sinn.

- Gebraucht nëmme Geschir a Material wat dem Alter vun de Kanner ugepasst ass.
- Loosst Kanner a Jugendlecher ni eleng mat geféierlechem Geschir schaffen (See, Cutter, ...)
- Léiert d'Kanner richteg mam Material ëmgoen.
- Wann néideg Schutzkleedung undoen (Händschen, fest Schong).

## Zur Wondbehandlung

D'Wonn vu bannen no bausse botzen a mat Désinfectant desinfizéieren, an och ronderëm d'Wonn.

**Kompressen**
- nëmme baussen un 2 Ecker unhalen
- den Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%) drop sprëtzen
- a vu bannen der Wonn no bausse fueren
- a mat enger zweeter Kompress d'Haut ronderëm propper maachen


Bei enger klenger an einfacher Wonn méchs de eng Plooschter drop, bei enger méi grousser oder komplizéierter e Verband oder en Dräiecksduch.

Et ass wichteg dass all Wonn ëmmer desinfizéiert gëtt, och wann der an d'Spidol fuert, well an där Zäit kënnen d'Keimer ufänken eng Entzündung ze entwéckelen an dat féiert zu enger méi laanger Verheelung oder enger méi schlechter Vernarbung.

# 3.3.2 Kleng Friemkierper a Spläiteren

Am Fall wou...

- e Kand sech beim Bëschspill eng Spläiter zouzitt;
- eng Animatrice bei engem Atelier Stëbs an d'Ae kritt;
- e Moniteur en Dar an d'Ae krut.



Enner Friemkierper versteet een d'Präsenz vun engem Objet am Kierper oder ënnert der ieweschter Hautschicht. **Eng kleng Spläiter ass deen eenzege Friemkierper deen ee selwer erauszéie kann.**

- D'Wonn mat Kachsalzléisung (NaCl) oder mat propperem Waasser a mat Hëllef vun enger Kompress auswäschen an dréchnen.
- Mat enger steriler Kompress d'Wonn desinfizéieren.

- D'Spläiter mat enger klenger Pincette oder enger klenger steriler Nol erauszéien.
- Kontrolléieren ob een alles erausgeholl huet.
- D'Wonn nach eng Kéier desinfizéieren, a wann néideg, eng Plooschter drop maachen.




**D'Tetanus Impfung kontrolléieren.**



**Stëbs oder Sand am Ae**

- Net dra reiwen, mä mat NaCl oder propperem Waasser, vu bannen (bei der Nues) no baussen – ausschwenken.

- Probéier de Sand-/Stëbskär mam Eck vun enger steriler Kompress erauszehuelen  wann s du e gesäis!
- Beim klengsten Zweiwel bei en Dokter goen, well hei ass net ze spaassen.



- Seef, proppere Läppchen an Duch, fléissend Wasser
- Steril Kompressen
- Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%)
- Propper Pincette a kleng steril Nol



Wann d'Spläiter ze grouss, ze déif dran ass oder aus e puer eenzelne Stécker besteet, da géi léiwer direkt an d'Spidol oder bei den Hausdokter.
Bei Friemkierper am Ouer, an der Nues oder an den Aen, direkt bei en Dokter goen.

# 3.3.3 Insekte Stëch

Am Fall wou...

• e Kand vun enger Bei oder enger Harespel gepickt ginn ass.



Bei engem Beien- oder Harespel-Stach kënnt et an deene meeschte Fäll lokal zu enger Reaktioun (Rout Plaz déi schwëllt a bäisst). Bei engem Beie-Stach ass oft den Dar nach an der Haut. Bei aneren Insekte wéi Seechomesse sinn et meeschtens vill kleng Bëss just niefteneen.

- Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%)
- Pincette
- Äis oder Killkompressen

- Sech d'Hänn wäschen.
- Den Dar/Stachel mat den Hänn oder enger Pincette erauszéien. Oppassen dass een en net zerdréckt fir net nach méi Gëft an d'Plaz ze drécken.
- Eventuell d'Gëft mat enger extra dofir virgesinner Vacuum-Pompel erauszéien
- D'Plaz botzen an desinfizéieren.
- Eventuell Crème/Gel (Euceta) dropmaachen
- Eventuell mat Äis killen, d'Äis ëmmer an eppes awéckelen.

Bei Crèmë/Gel gëllt et opzepassen. All Institutioun huet seng Richtlinn. D'Animateure vum SNJ dierfe bei Insektestéch „Euceta" benotzen. D'Eltere sinn doriwwer am Viraus informéiert (Convention relative à l'administration de médicaments).




D'Plaz, wou ee gepickt gouf, net krazen, well d'Plaz esou méi grouss gëtt an de Risiko vun enger Infektioun och.



**Bei engem Stach an de Mond, Hals oder bei enger allergescher Reaktioun (Bass um ganze Kierper, rout Haut, Schweess, Gefill den Hals géing zougoen, Otemnout) den 112 uruffen, de SAMU kënnt dann op d'Plaz.** E Beien oder Harespel-Stach kann déidlech si, wann d'Persoun allergesch ass oder an den Hals gepickt gouf. Fir d'Schwëllen an d'Zougoe vun den Otemweeër ze bremsen, kann een Äis suckelen.
Verschidden Allergiker hunn ëmmer eng Sprëtz mat Adrenalin bei sech; loosst iech de Gebrauch am Virfeld erklären.



Wann een ob der Lëps gepickt gëtt, schwëllt et séier un, ass awer net méi geféierlech.



- Wësse wéi eng Kanner Problemer mat Allergien hunn.
- Bréngt de Kanner a Jugendleche bäi d'Rou ze behalen, wann en Insekt an hirer Géigend ass: keng brüsk Gestë maachen, net fortlafen, net nom Déier schloen, de Mond zoumaache well d'Gesiicht déi Plaz ass wou een am meeschte gepickt  gëtt; och oppasse wann een et wëll futtischloen, och da kann ee gepickt ginn.

- Oppasse wann een dobaussen ësst, d'Iesssaachen ëmmer zoudecken an a säi Glas oder seng Bécks kucken éier een doraus drénkt.

- Bei Aktivitéiten dobaussen, wann een d'Plaz sicht wou een d'Zelt opriicht oder soss ënnerwee, ewech bleiwen vun den Uebstbeem well déi d'Insekten unzéien.

- Wann der en Nascht (am Chalet) fannt, rufft d'Pompjeeë fir et ewechzehuelen.
- Net buerféiss goen.
- Eventuell owes laang Kleeder an Insekte-Spray gebrauchen, wa vill Moustiquen oder Beelen op der Plaz sinn.
- Am Allgemengen d'Campplazen an de Chalet propper halen.

## 3.3.4 Bëss vu Mënsch oder Déier

Am Fall wou...

- en Animateur op engem Hike vun engem Hond an d'Been gebass gouf;
- e Kand en anert an den Aarm gebass huet.



Bëss vun Hënn a Kazen oder och vun aneren Déieren kënne méi oder manner déif sinn. Wéi schlëmm et ass, hänkt gréisstendeels heivunner of!

- Gutt ënnert dem Waasser ausschwenken an dréchnen.
- Desinfizéieren
- Behandele wéi eng Wonn, kuck ënnert dem Punkt 3.3.1.

- Seef, proppere Läppchen an Duch, fléissend Waasser
- Steril Kompressen
- Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%)
- Verband

D'Wonn mat Gefill ausschwenken: Wann et e Kand ass, muss du Gedold hunn an erklären.

Ni engem onbekannten oder wëllen Déier ze no kommen oder et upaken, och wann d'Déier ganz léif an zoutraulech schéngt.

Bei engem Bass mat oppener Wonn grondsätzlech ëmmer bei en Dokter goen, well all Bass huet en groussen Infektiounsrisiko. Déieren kënnen och nach d'Tollwut iwwerdroen.



# 3.3.5 Lais a Fléi

Am Fall wou...

• e Kand sech um Weekend déi ganzen Zäit um Kapp kraazt.



D'Lais an d'Fléi si Parasiten, déi hier Eeër op d'Kapphaut, hannert d'Oueren oder an d'Genéck leeën. Wa Fléi oder Lais bäissen, da kraazt dat oft ganz vill. **D'Ustiechungsgefor ass ganz grouss.**

- Wann e Kand Lais oder Fléi huet, kontrolléiert all de Kanner a Jugendlech hir Käpp.
- All d'Leit, déi betraff sinn, mat speziellem Shampoing behandelen.
- E spezielle Lais/Fléi Kamp, oder souguer en elektresche Läis/Fléi Kamp ass ganz gutt fir d'Eeër an d'Larven eraus ze kämmen.
- Et ass och wichteg de Schlofsak, d'Kappkëssen, d'Kapen an d'Mutze vun de betraffene Leit waarm ze wäschen.

- Spezielle Shampoing géint Lais a Fléi (aus der Apdikt).
- Normalen oder elektresche Lais-Kamp.

- Vermeiden d'Hoerbiischten, d'Kapen, d'Mutzen oder d'Wäschgeschier ënnereneen ze wiesselen.

Wann s de mierks, dass e Kand sech kraazt, inspizéier diskret säi Kapp, seng Nuque a seng Oueren. Et ass wichteg, dem Kand ze erklären, dass ee Lais net kritt wéinst ze wéineg Hygiène, mä dass jidderee se ka kréien, grad um Camp, an esou probéieren de Problem ze de-dramatiséieren.

Et huet kee Wäert jidderee präventiv ze behandele well de spezielle Shampoing relativ aggressiv ass. Et ass wichteg bei esou engem Problem séier ze reagéieren, fir eng séier Ausbreedung ze verhënneren.

Vläicht muss ee sech och iwwerleeën, dat betraffent Kand heem ze schécken; sécher ass dat fir dat Kand net flott, mä vläicht besser wéi wann duerno jiddereen ugestach gëtt!?

## 3.3.6 Bëschzecken

Am Fall wou...

• e Kand eng Zeck um Been huet.



Eng Zeck (D: Zecke, F: Tique) ass e Parasit, dee sech un Déiere/Mënsche fest bäisst, fir hiert Blutt ze suckelen. Si kann, an dat ass och hei an eise Géigenden ëmmer méi de Fall, **d'Borréliose/Maladie de Lyme iwwerdroen**, eng Krankheet déi schwéier neurologesch Schiedegungen ausléise kann. Dës Symptomer kënnen och Wochen nom Zeckebass optrieden.

- D'Zeck esou séier wéi méiglech eraushuelen.
- Se mat enger spezieller Zeckepincette oder enger normaler Pince eraushuelen, andeems een an engems dréit an zitt. Oppassen dass den Kapp mat eraus kënnt.
- D'Plaz desinfizéieren.
- D'Plaz iwwerwaachen. Wa se rout gëtt oder e roude Krees ronderëm entsteet (e bësse wéi eng Zilscheif), onbedéngt bei den Dokter goe fir Antibiotique verschriwwen ze kréien, well et den Ufank vun enger Borréliose kéint sinn.

Déi Jonk iwwer d'Zecken informéieren!
D'Zecke liewen am héije (Fiichtegkeet) Gras oder an Hecken. Si sinn aktiv bei Temperaturen tëschent 7 an 25°C.
Laang Kleeder (laang Been, laang Äerm) a keng kuerz Box undoe fir an de Bësch oder a Wisen ze goen. D'Strëmp iwwer d'Box zéien. Op heller Kleedung gesäit een d'Zecke besser wéi op däischter-er. No der Aktivitéit am Fräie soll ee sech een deen aneren op Zecken ënnersichen. D'Zecken si kleng a krabbelen op de Kleeder oder um Kierper ronderëm fir eng giedlech Plaz (waarm an dënn Haut, Hautfalen) ze fanne fir ze bäissen.

Eng Dusch no enger Aktivitéit am Bësch kann och hëllefen Zecken erofzespullen, éier si sech festbäis-sen.



**Wou setzen d'Zecken sech gäre fest?**

- An äre Rapport de Camp opschreiwen, wien, wéini, a wou eng Zeck hat.
- D' Elteren nom Camp/Weekend informéieren, dass hiert Kand eng Zeck hat an hinnen soen, dass se d'Platz am A behale sollen, dat heescht wa se rout gëtt oder e roude Krees ronderëm entsteet, onbedéngt bei den Dokter goen.

## Zecke kenne Krankheeten iwwerdroen

D'Zecke kënne verschidde Krankheeten iwwerdroen. Déi heefegst Krankheete sinn:

**a. Borreliose oder maladie de Lyme**
D'Borreliose ass eng bakteriell Infektiounskrankheet. D'Borreliose ass schwéier ze diagnos-tizéieren, well se vill verschidde Symptomer kann hunn. Och nach no Wochen oder Méint kann d'Krankheet ausbriechen. Dofir ass et ëmmer wichteg d'Elteren iwwert e Bëschzecke-bëss z'informéieren. D'Borreliose kënnt iwwerall vir wou och Zecke liewen.

**b. Frühsommer-Meningoenzephalitis (FSME)**
D'FSME ass eng viral Erkrankung a kann déidlech sinn. D'FSME trëtt net iwwerall op, mä nëmmen a bestëmmte Regiounen. Informéiert iech also bei engem Auslandscamp. (z.B. : Ministère de la Santé oder www.rki.de oder www.itg.be). Et kann ee sech géint dëse Virus impfe loossen.

## 3.3.7 Bloderen

Am Fall wou...

- e Jugendlechen um Hike ufänkt ze schlappen oder komesch ze trëppelen.



Eng Bloder (D: Blase, F: phlyctène/cloque/ampoule) ass eng Usammlung vu Flëssegkeet ënnert der Haut déi duerch Drock oder Reiwung entstanen ass.

**D'Bloder ass nach zou:** Et bréngt näischt se opzemaachen; maach d'Plaz just propper an dréchen a pech eng speziell Bloder-Plooschter drop (aus Hydrocolloïde) fir d'Plaz ze schützen.
**D'Bloder ass vum selwen opgaang:** Botz an desinfizéier d'Plaz a pech dann och eng speziell Plooschter drop, sou dass d'Wonn zou ass a kee Knascht dra kënnt.
**Wann s du d'Bloder opmaache muss:** Well se ze grouss ass, ze wéi deet oder se ënnert dem Fouss ass, an du muss awer drop trëppelen, da pick se mat enger steriler Nol um Rand op. Huel awer op kee Fall d'Hautschicht ewech well si en natierleche Schutz ass. Pech duerno och eng Bloder-Plooschter drop.

- Désinfectant oder isoton Kachsalzléisung (NaCl 0,9%)
- Bloderplooschter
- Kompressen
- Steril Nol

- E Kand oder Jugendlechen deen oft Bloderen op där selwechter Plaz kritt, soll als Präventioun virum Trëppele schonn eng Bloderplooschter dropmaachen.
- Uerdentlech Strëmp (eventuell 2 Puer dënn Strëmp iwwerteneen undoen) an Trëppelschung (keng labber Turnschlappen oder Stiwwelen). Nei Schung virdrun antrëppelen.

- Keen Alkohol huele fir ze desinfizéieren.
- Speziell Bloder-Plooschtere sinn deier, mä hëllefe gutt. Et kann een och grouss Hydrocolloïde Placken an der Apdikt kafen a ronn op d'Moos schneiden.

Eng Bloder-Plooschter wiesselt een net all Dag. Se gëtt eréischt gewiesselt, wa se vum selwe lass geet oder se ganz wäiss an opgeweecht ass.

## 3.3.8 Verstauchung

Am Fall wou...

• e Jonke während dem Bëschspill beim Fortlafen ëmknéckst. Hien hat just Turnschong un.



Eng Verstauchung ass eng Iwwerdehnung oder e Futtifuere vun de Bänner vun engem Gelenk, **ouni dass déi eenzel Knachenenner deplacéiert sinn.** Eng Schwellung a Wéi sinn d’Symptomer.

Wann een net méi tréppele kann, muss een an Spidol.

- Rouegstelle vun dem betraffene Gelenk mat Hëllef vun engem elastesche Verband, deen d’Gelenk roueg stellt ouni d’Bluttzirkulatioun ze stéieren.
- Äis opleeë fir datt d’Schwellung an d’Péng zeréckgoe kënnen.
- Déi betraffe Plaz héichleeën, sou geet d’Schwëllung zeréck.
- eventuell Crème/Gel (Reparil Gel) dropmachen.

Och bei Crèmë/Gel gëllt et opzepassen. All Institutioun huet seng Richtlinn. D’Animateure vum SNJ dierfe bei Sportverletzungen, wéi Prellungen, Quetschungen, Verstauchunge „Reparil Gel“ benotzen. D’Eltere sinn doriwwer am Viraus informéiert (Convention relative à l’administration de médicaments).

Ëmmer e gëeegenten Terrain fir d’Spiller eraussichen (ouni Lächer an eng net ze vill géi Pente).
Kucken dass d’Kanner/Jugendlech uerdentlech Schung hunn, déi gutt gestréckt sinn, a wou de Fouss gutt gehalen ass.

- Elastesche Verband
- Äis oder Killkompress

## 3.3.9 Ausrenkung

Am Fall wou...

- e Jonke ongënschteg op seng Schëller fält a se sech dobäi ausrenkt.



Eng Ausrenkung oder Luxatioun ass wann eng Schank aus hirem Gelenk erausgesprong ass. D'Symptomer si gewéinlech e staarke Wéi, eng Verformung vum Gelenk an eng ageschränkte Beweegungsméiglechkeet.

- Dat betraffent Gelenk an enger Positioun immobiliséieren, déi der Persoun am mannste wéi deet.
- Den Dokter ruffen oder an d'Urgence fueren (z.B. ausgerenkte Fanger) oder d'Ambulanz ruffen (z.B. ausgerenkte Schëller).

Op kee Fall probéieren d'Schank erëm op hir Platz zeréck ze drécken.

Material fir d'Gelenk ze immobiliséieren:
- Dräiecksduch, Këssen, Schal, Foulard

An dësem Fall ëmmer bei en Dokter goen oder am beschten an d'Urgence fueren.

Bei méi raue Spiller besonnesch oppassen: Rugby, Nuetsspiller, Bulldog,...
Ëmmer e gëeegenten Terrain fir d'Spiller eraussichen (ouni Lächer an eng net ze vill géi Pente).
Kucken dass d'Kanner/Jugendlech uerdentlech Schung un hunn, déi gutt gestréckt sinn a wou de Fouss gutt gehalen ass.

# 3.3.10 Blo Plazen, rout Plazen a Bëlzen

Am Fall wou...

- e Jonke bei engem Sträit e Päerdskuss an d'Been kritt;
- en Animateur sech mam Hummer op den Daum geschloen huet.



Blo Plazen, rout Plazen a Bëlze kritt ee meeschtens no engem Coup oder wann een iergendwou widder gerannt ass. Eng rout Plaz oder och e Bluttergoss entsteet wann et ënnert der Haut blutt. Mat der Zäit gëtt dës Plaz blo.

D'Péng an d'Schwellung kënne mat Äis oder kalem Waasser berouegt ginn.

Bëlzen um Kapp muss een eescht huelen, duerfir de Punkt 3.3.12 *Kappverletzungen liesen.



## 3.3.11 Bréch/Frakturen

Am Fall wou...


• e Jonke vum Bam oder an der Trap schro fält.




E Broch oder eng Fraktur ass en deelweist oder ganzt Zerräisse vun der Schank, bedéngt duerch en feste Coup oder well ee gefall ass.
Bei engem **zouene Broch gëtt et dacks eng Deformatioun, eng Schwellung, Péng**, eng blo Plaz an et ass net méiglech déi betraffe Schank oder d'Gelenk ze bewegen. Bei engem oppene Broch kënnt nach eng Wonn derbäi.

**Zoue Bréch:**
- Immobiliséieren.
- Bei engem Beebroch, d'Schongstréckelen opmaache wéinst der Schwellung.
- Bei engem Aarmbroch, drun denken d'Réng aus ze doen.
- Den Dokter ruffen oder an d'Urgence fueren (z.B. gebrachent Handgelenk) oder d'Ambulanz ruffen (z.B. Broch vum Uewerschenkel).

**Oppe Bréch:**
- D'Bluddung duerch indirekt Drécken iwwert der Brochstell stoppen.
- D'Wonn mat engem sterile Verband zoudecken, eventuell desinfizéieren.
- D'Affer dierf sech op kee Fall beweegen, a soll am beschte leie bleiwen.



Material fir d'Gelenk ze immobiliséieren :
- Dräiecksduch, Këssen, Schal, Scouts-Foulard
- Steril Kompressen



Ëmmer e gëeegenten Terrain fir d'Spiller eraussichen (ouni Lächer an eng net zevill géi Pente).
- Richteg equipéiert fir speziell Aktivitéiten (z.B. Klammen, Speleo, Rafting,...) sinn.



- Ni de Verletzten deplacéieren, scho guer net wann en Verdacht op eng Verletzung vun der Wirbelsail besteet.
- Op kee Fall de Broch selwer upaken, direkt Hëllef ruffen!
- Ni probéieren e Broch ze re-alignéieren, also rëm riicht ze maachen.
- Net masséieren, oder dréinen.
- Näischt ze drénke ginn. (Fir wann eng Anästhesie misst gemeet ginn.)



An dësem Fall ëmmer bei en Dokter goen oder am beschten an d'Urgence fueren.

# 3.3.12 Kappverletzungen

Am Fall wou...

• e Kand während engem Dagesspill am Iwwereifer iwwert en Träpplek fält a mam Kapp an eng Mauer rennt.




Ënner enger Kappverletzung versteet een all Zort Verletzunge vum Kapp. Dat kann eng einfach kleng Wonn sinn, e Broch vun enger Kappschank oder awer eng Gehirnerschütterung.

- Eng iwwerflächlech Wonn um Kapp (ouni Broch) ass ze pléischtere wéi all aner Wonn.
- Bei engem oppene Broch, d'Wonn steril zoudecken.
- Blutt oder duerchsichteg Flëssegkeet, déi aus den Oueren, dem Mond oder der Nues erausleeft, fräi erauslafe loossen. Dëst ass en Zeechen, dass et sech wahrscheinlech em eng méi schlëmm Verletzung oder ëm e Broch handelt.
- D'Bewosstsënn, d'Ootmung, an de Bols regelméisseg iwwerwaachen.
- D'Persoun sou gutt wéi méiglech immobiliséiere fir Verletzunge vun der Wirbelsail, a speziell dem Genéck, ze verhënneren.



- Steril Kompressen (oppe Bréch)
- Saache fir ze immobiliséieren
- Verband



- Ëmmer e gëeegenten Terrain fir d'Spiller  eraussichen (ouni Lächer an eng net zevill géi Pente)
- Richteg equipéiert fir speziell Aktivitéiten (z.B. Klammen, Speleo, Rafting,...) sinn.



Eng einfach Kollisioun tëschent 2 Kanner oder e Schlag mat eppes haardem (z.B. enger Staang) kann duergoe, fir dass eng méi oder manner schlëmm Kappverletzung entsteet.



Wann e Kand/Jugendleche gefall ass an et him schlecht gëtt (oder sech iwwergëtt), Kappwéi, Middegkeet oder Verhalensstéierungen opweist oder sech net méi un alles erënnere ka wat geschitt ass. (Hie weess net méi wou en ass, wéi vill Auer et ass, wat geschitt ass,...), dann ass et wahrscheinlech eng Gehirnerschütterung, an et soll een onbedéngt bei den Dokter oder direkt an d'Urgence fueren.

**Wann een no enger Kappverletzung vu sech ass a bleift, dann direkt den 112 uruffen.**

## 3.3.13 Extern Bluddungen

Am Fall wou...


- e Jonke sech beim Holz kleng maache mat der Aaxt an de Fanger schléit.




Eng extern Bluddung huet ee wann ee méi oder manner vill Blutt duerch eng Wonn verléiert. Dës Bluddung kann arteriell (hellrout Blutt leeft relativ séier aus der Wonn) oder venal (donkelrout Blutt sickert aus der Wonn) oder eng Mëschung vu béidem sinn.

- Dee betraffene Kierperdeel héichhalen, sou blutt et automatesch manner staark.
- Am beschten dee Verletzten op de Buedem leeën an d'Been héichhalen.
- Op d'Plaz wou et blutt, mat enger steriler Kompress drécken, fir d'Bluddung ze stoppen.
- D'Bewosstsënn, d'Ootmung an de Bols regelméisseg bei staarke Bluddungen iwwerwaachen.
- No 10 Minutte Kompressioun missten déi meescht Bluddungen ophalen, dann en Drockverband drop maachen; wann net weider drécken.
- Wann e Kierperdeel sollt amputéiert sinn (erofgerappt, z.B. e Fanger, eng Hand,...), soll dësen am beschten an eng propper zouen Tut geluecht ginn. Dës Tut dann an eng weider Tut maachen an där Waasser mat Äis dran ass.


**Kuck op der Säit 32!**



- Steril Kompressen oder e frësch gewäschent Kichenduch.
- Material fir en Drockverband: eng agepaakte Rull Verband, e Verband a Kompressen.
- Plastikstuten, Äis (Icepack) a Waasser.



Kee Geschir op der Campplaz oder am Home trëlle loossen (Seeën, Aaxten, Messeren, ...).
De Kanner a Jugendlechen de richtegen a sécheren Gebrauch vu Geschir bäibréngen.



Ni e Garrot maachen, dat heescht ni e Kierperdeel ofbannen, ausser et geetëm Liewen an Dout.



Bei all gréisserer Wonn, wou een d’Bluddung net séier gestoppt kritt, den 112 ruffen.

## Et ass e Fanger erof, wei reageiren ech?



- Du riffs direkt den 112
- Den Aarm héich halen
- Du drécks direkt op d'Schnëttwonn; eventuell sterilen Drockverband uleeën (kee Garrot)
- Net botzen an net desinfizéieren, dat spuert wäertvoll Zäit a gëtt an der Klinik gemeet.
- Du sichs de Fanger, du méchs en an eng steril Kompress / proppert Duch, dann an eng dréchen, propper Plastikstut, déi s du zou méchs.
- Du lees dës Tut an e Behälter oder an eng aner Plastikstut wou Waasser an Äis dran ass, an du dréis d'Tut all 15 Minutten.
- Du bréngs de Fanger an de Verletzten an d'Klinik.





# 3.3.14 Nuesbludden an exterioriséiert Bluddungen

Am Fall wou...

• engem Kand d'Nues blutt.



Bei enger exterioriséierter Bluddung dréit et sech ëm eng Bluddung bannen am Kierper, bei där d'Blutt duerch eng natierlech Ëffnung aus dem Kierper erausleeft (Nues, Mond, Oueren, ...).

Einfacht Nuesbludden:
- D'Persoun berouegen an no vir gebéckt dohi sëtzen, fir ze verhënneren dass d'Blutt an d'Strass leeft an d'Persoun et ofschléckt.
- Mam Fanger op déi Säit vun der Nues drécken wou et eraus blutt a waarde bis et ophält.
- Et kann hëllefe kal Ëmschléi oder en Duch mat Äis dran an d'Nuque ze leeën, doduerch zéien d'Odere sech zesummen an d'Bluddung ka méi séier ophalen.
- Wann d'Bluddung no méi wéi 10 Minutten net ze stoppen ass, an d'Klinik fueren oder en Dokter ruffen.

Näischt an d'Nues stieche fir d'Bluddung ze stoppen.

Wann d'Bluddung e puer mol erëm kënnt, oder net ze stoppen ass, bei den Dokter oder an d'Spidol goen.

Exterioriséiert Bluddungen:
Wann eng Persoun, déi gefall ass, aus der Nues, dem Mond, den Ouere blutt, d'Persoun um Buedem leie loossen, esou mann wéi méiglech beweegen an d'Blutt erauslafe loossen, a se am A behalen.

An dësem Fall ëmmer d'Ambulanz ruffen, well et sech ëm e Kapptrauma handele kann.

- Spiller vermeiden wou d'Kanner /d'Jugendlech kënne mam Kapp anenaner knuppen.
(z.B.: englesch Bulldog)
- Et gi Leit, déi Koagulationsproblemer hunn (Hemophilie). Bei esou Leit hält och eng kleng Bluddung ganz schwéier op mat bludden.

# 3.3.15 Verstoppt sin

Am Fall wou...

- e Kand sech iwwer Bauchwéi beklot;
- e Jonke seet, datt en och um drëtten Dag nach keng grouss Kommissioun gemeet huet.



Vu Constipatioun oder Verstopfung schwätzt een, wann ee Problemer huet, eng grouss Kommissioun ze maachen oder de Stullgang haart an dréchen ass, an ee vill drécke muss. Normalerweis schwätzt ee vu verstoppt sinn wann ee manner wéi 3 mol an der Woch eng grouss Kommissioun mécht.


Och als Präventioun genuch drénken, am beschte Jus mat Waasser verdënnt.
Gedréchent Quetschen ginn.

- Waasser an Iesswuere mat vill Fiberen (Vollkar, Uebst a Geméis) z'iesse ginn.
- Ofwiesslungsräich iessen.

- Iesse wat vill Fiberen huet, a Verschiddenes iessen (Geméis, Uebst, grot Brout, Jughurt, ...)
- Genuch drénken, zemools um Camp am Summer schweesst ee méi wéi soss, an et huet een net ëmmer säi Bidon derbäi.
- Vill Bewegung hunn.
- Eng korrekt Hygiène vun den Toiletten ass wichteg, genee wéi genuch Toilettë mat genuch Toilettëpabeier.
- Wichteg ass de Kanner an Jugendleche genuch Fräizäit ze loossen, fir dass si ouni Stress op d'Toilett kënne goen.
- Kucken dass ee seng Rou op dësem "Stillen Örtchen" huet.
- D'Kanner/Jugendlecher froe wéi oft se normalerweis eng grouss Kommissioun maachen.

Verstopfung ka ganz vill wéi doen.

Wann de Problem net mat dëse Mëttele ka geléist ginn a wann d'Péng ze staark ass, da muss ee bei den Dokter goen, wëll et kéint och en anere Problem sinn.



# 3.3.16 Duerchfall

Am Fall wou...

- e Kand sech iwwer Bauchwéi beklot.
- e Kand aus dem Grupp all hallef Stonn op d'Toilette leeft.

## Bauchwéi

**E Kand op sengem éischte Camp klot owes, éier et an d'Bett soll, iwwer Bauchwéi. Wat mëchs du?**

- Oft ass et en Zeeche vu Verlaangeren: d'Kand brauch Opmierksamkeet an Zäertlechkeet.
- Téi mat Hunneg, eng Geschicht.
- Froe wéini et fir d'lescht op Toilett war, ob et Duerchfall huet.
- Huet et Duerchfall, muss een em genuch ze drénke ginn,Bouillon.
- Ass et verstoppt, Jus ze drénke ginn, Drauwen oder Quetschen iessen.
- Wann de Bauchwéi net ewech geet oder Zeeche vun Verschlechterung dobäi kommen: Iwerginn, Féiwer, Zidderen, dann ass Zäit fir bei den Dokter ze fueren an d'Elteren z'informéieren.

Duerchfall huet ee wann ee vill méi oft (min. 3x den Dag) wéi normal eng grouss Kommissioun maache muss. Oft huet een och nach méi oder manner staarke Bauchwéi an de Stull ass flësseg.

- Genuch drénken, well de Kierper verléiert vill Waasser duerch den Duerchfall.
- Liichte Kascht: Räis, Zwieback, Bouillon, Banann, ...
- Lues a lues erëm ufänken normal z'iessen.


Wann e Kand / Jugendleche seet en hätt den Duerchfall, net zécke genee nozefroen oder och mol an d'Toilette kucken, fir sech e Bild ze maache wéi schlëmm et ass.



Wann et no 24 Stonnen net besser ass, soll ee bei den Dokter goen; dat heescht dass de Betraffenen nach ëmmer flëssege Stull huet, wéineg ësst oder drénkt, sech iwwergëtt oder Féiwer huet. Schlëmm ass et, wann Zeeche vun enger Deshydratatioun derbäi kommen oder Blutt am Stull ass.



- Liicht iessen dat stoppt.
- Gedrénks mat Zocker.



- Op eng korrekt Hygiène vun der Kichen an den Iesswueren oppassen.
- Selwer gemaachte Mayonnaise, Bottercrème a frëscht Gehacktes hunn am Summer näischt op engem Camp verluer.
- Drénkwaasser richteg stockéieren.
- D'Iesswuere richteg stockéieren: E Frigo muss manner wéi 6°C hunn (am beschten 3°C) an en Tiefkühler -24°C.
- Sech d'Hänn no der Toilette a virum Kache wäschen oder desinfizéieren.



# 3.3.17 Iwwerginn

Am Fall wou...

• e Kand, dat déi éischte Kéier vun doheem fort ass, vun Opreegung katzt;
• e Jonken, dee während dem Bëschspill mam Kapp an e Bam geknuppt war, sech iwwergëtt.




Erbriechen oder Iwwerginn ass ee plëtzlecht Erausspäize vum Inhalt vum Mo.

- D'Kand / de Jugendleche probéieren ze berouegen an him hëllefe sech ze relaxéieren.
- Der Persoun hëllefe sech ze sëtzen oder sech op d'Säit ze leeën.
- Näischt z'iesse ginn.
- Ze drénke ginn (fir ze rehydratéieren, an den iwwele Goût am Mond ewech ze kréien) a klenge Schluppen.

Bei den Dokter / an d'Klinik goen a folgende Fäll :
- Ëmmer nees iwwerginn.
- Blutt am Erbrachenen.
- Wann d'Persoun Féiwer huet.
- Wann d'Persoun midd oder duercherneen ass.
- D'Genéck steif ass oder wéi deet (Zeeche vun enger Méningite).
- Wann d'Kand / de Jugendlechen e puer Stonne virdru gefall ass oder e Coup op de Kapp oder op de Bauch kritt huet. (Kuck och de Punkt 3.3.12 Kappverletzungen).
- Wann d'Persoun zockerkrank ass.
- Wa Schwieregkeete beim Ootme sinn.

Zockerwaasser a Cola ouni Kuelesaier ze drénke gi. Sech ëmmer d'Fro stellen, firwat d'Persoun sech iwwergëtt, an op anerer deen nämmlechte Problem hunn.

- Zockerwaasser, Cola



# 4. En Accident, En Noutfall

Am Fall vun engem Accident ass et ganz wichteg, dass du dir fir d'alleréischt d'Situatioun ukucks an deng Rou behäls. Looss keng Panik bei dir opkommen a kuck fir och déi aner Membere vum Grupp ze berouegen. awat ze maachen ass, an da methodesch vir gees.

## 4.1 Du méchs de Bilan vun der Situation

Du kucks der d'Problemer un. Du renns net direkt dohin, mä probéiers en Iwwerbléck ze kréien:

• Éiers du dem Verletzten hëllefs, muss du alles maache fir aner Accidenter ze verhënneren: du muss dech an déi aner schützen z.B. de Grupp aus dem Geforeberäich erausbréngen.

• Wann de Verletzten zousätzleche Geforen ausgesat ass, hëllefs du him sech a Sécherheet ze bréngen.

• Du méchs de Wee fräi datt ee besser un d'Affer erukënnt.

• Du sichs sou séier wéi méiglech e berouegen Kontakt mam Verletzten, d'Handhalen, lauschteren, lues mat him schwätzen.

• Du beweegs d'Affer net onnëtz.

## 4.2 Du méchs en individuellen Bilan

**1. Du kucks ob de Verletzte bei Bewosstsënn ass:** ob en héiert, gesäit oder fillt.

**2. D'Haaptsaach ass d'Ootmung:**
• otemt de Verletzten?
• otemt e schwéier?
• wat kann ech maachen datt e besser Loft kritt ?
• du méchs d'Gezei labber (Col, Krawatt, Schal..),
• du kucks ob näischt am Mond stécht
• wann d'Persoun geräischvoll otemt, sinn d'Otemweeër net fräi?:

äusserlech Ursaach: Drock op den Hals, Gezei.
- am Mond:  e Friemkierper (Zant, Blutt, Buedem...).
- du botz de Mond mat dengem Fanger.
- bei Koma ass och vläicht d'Zong no hanne gefall.


**3. Du bréngs de Kapp an Extensioun** (kuck déi nächst Säit), dat erlaabt der Loft an d'Longen ze kommen.

Wann s du de Kapp, also d'Wirbelsail, manipuléiers muss de dat mat vill Virsiicht maachen: de Kapp muss an der Axe vum Kierper bleiwen, däerf net no der Säit gebéit ginn. Wann s de lénks vum Affer sëtz, hëls de seng Stir an déi riets Hand a béis de Kapp no hannen.

a. Du kontrolléiers d'Ootmung,
b. Du kucks ob den Thorax (Broschtkuerf) op an of geet,
c. Du lauschters ob d'Persoun duerch de Mond oder d'Nues otemt,
d. Du fills den Otem op dengem Bak.

**4. Du kontrolléiers de Bols**
Ass ee vun dëse 4 Parametere beanträchtegt, handelt et sech ëm e seriéisen Noutfall.
Ruff sou séier wéi méiglech medezinesch Hëllef!

- Otemt de Verletzten?
  - En otemt normal
  - En otemt schwéier
    - Du méchs d'Gezei labber
    - Du kucks ob näischt am Mond stécht
      - Du botz de Mond mat dengem Fanger
      - Bei Koma ass och vläicht d'Zong no hanne gefall
    - Du bréngs de Kapp an Extensioun, dat erlaabt der Loft an d'Longen ze kommen.



## Kapp an Extensioun


Bei enger bewosstloser Persoun ass et wichteg, dass een de Kapp an Extension bréngt, d.h. de Kënn no uewen an de Kapp domadder no hannen dréckt. Dohier gëtt dat am Engleschen och nach "Head tilt and chin lift" genannt. Domadder stellt ee sécher, dass d'Skelett- an d'Zonge-Muskulatur, déi bei engem Bewosstlosen erschlafft, net d'Otemweeër blockéiert an de Verletzten net un Erstéckung stiewt.

# D Stabil Säitelaag

Stabil Säitelag :

1. preparéire vun der Dréiung
2. Dréiung
3. D'Stabilisatioun

Nodeems een de Kapp an Extensioun geluet huet, soll een de Bewosstlosen an déi stabil Säitelag bréngen. Och dëst mam Hannergrond, d'Anootme vu Flëssegkeeten a Festem wéi Spaut, Blutt oder Katz ze verhënneren. Leit, déi vu sechsinn,iwwergi sech oft ouni dass et opfällt a kënnen dann dorunner erstécken.




Wann de Verletzten eppes um Broschtkuerf oder der Long huet, da gëtt en op déi Säit gedréit déi verletzt ass, fir dass déi onverletze Säit fräi ootme kann an eventuell Bluddungen ofgedréckt ginn.

Fir eng Persoun an déi Positioun ze bréngen,

1. leet een als éischt den Aarm, deen engem am nootsten ass, am rechte Wénkel iwwert de Bewosstlosen.

2. D'Been, dat méi wäit fort ass, gëtt ugewénkelt an d'Handgelenk vun der nämlechter Säit op den ugewénkelte Knéi geluet, esou dass e stabilen Dräieck entsteet.

3. Ouni d'Handgelenk an de Knéi lass ze loossen dréit een de Verletzten zu sech. Wann een zu zwee ass, soll déi aner Persoun de Kapp lues matdréien an an Extensioun brénge, wann dat nach net ge-schitt ass.
Bei Verdacht op eng Wierbelsailverletzung soll een eng Persoun nëmmen dann an déi stabil Säitelag bréngen, wann et sech em eng vital Urgence handelt, d.h. wann se net méi otemt oder en Häerz-stëllstand huet. Hei ass d'Gefor vum Erstécke méi grouss ass wéi déi vu weidere Schied un der Wirbelsail. An dësem Fall soll een de Bewosstlosen ëmmer zu zwee dréinen.
Eng Persoun, déi an der SSL läit, soll een dono mat enger Woll- oder Rettungs-Decken zoudecken, fir dass si net kal gëtt.




# 4.3 Hëllef ruffen

du riffs Hëllef...

• wann s de net eleng bass, stells de een un, den 112 ze ruffen.
• wann s de eleng bass, an de Verletzten otemt, da lees du en an déi stabil Säitelag, eier s du Hëllef riffs.





## 112

Den 112 ass an de Memberlänner vun der Europäescher Unioun eenheetlech a gratis, du brauchs keng Suen oder Kaart an der Telefonskabinn a kee PIN-Code fir den Handy. Wann dir eng Aktivitéit an engem net EU-Land organiséiert, da renseignéiert iech am Virfeld iwwert den Nout-Telefon.

Wann een den 112 urifft, probéiere roueg a präzis folgend Informatiounen ze ginn:

**Regel vun den 5 W**

**1. WIEN s de bass,**
**2. WAT geschitt ass**
**3. WOU d'Hëllef soll hikommen**
**4. WEI VILL Verletzter**
**5. WEI eng Verletzung (Beschreiwung vum Verletzten)**

Den Operateur um 112 seet der Bescheed wann hien all néideg Informatiounen huet, a seet dir wann s du anhänke kanns. Iwwregens kann een dem 112 och d'geographesch Coordonnéeë vun der Plaz, wou d'Accident geschitt ass ginn, si schécken dës dann un d'Ambulanz oder den Helikopter; sou fanne si séier a präzis déi genee Plaz. (Am Bësch oder op engem Feld) Den 112 informéiert iech och wéi eng Klinik, wéi eng Apdikt, wéi een Dokter oder Zänndokter, Déngscht huet!

# 4.4 Noutfäll

## 4.4.1 Vergëftungen

Am Fall wou...

- e Kand op enger Sortie eng rout Fruucht gesäit an se ësst.
- an enger Waasserfläsch eng duerchsiichteg Flëssegkeet ass.
E Jonke setzt d'Fläsch un an drénkt. Et ass Thinner.



Ënnert enger Vergëftung versteet een an deene meeschte Fäll d'Andrénge vun enger gëfteger Substanz an de Kierper. Dës gëfteg Substanz kann entweder iwwert d'Iessen, d'Otemweeër, d'Haut (eng Sprëtz, e Bass oder eng Piqûre) oder och nach duerch Strahlung an de Kierper andréngen.

Am Zweiwelsfall den 112 uruffen an ëm Rot froen.

- Iwwelzechkeet: d'Affer ziddert, ass bleech, et schweesst.
- Verdauungsproblemer: et ass him schlecht, et huet de Mo wéi, et katzt, huet Duerchfall.

**Schlëmm Zeechen:**
- Schnell, iwwerflächlech Ootmung
- Schwaachen, séiere Bols, kale Schweess
- Kee Bewosstsënn
- Péng am ganze Kierper

An dësem Fall ëmmer bei en Dokter goen oder am beschten an d'Urgence fueren.

**- Ruff den 112.**
**- Sou vill wéi méiglech Informatioune sammelen :**
**- Wat fir e Gëft?**

- de genauen Numm.
- wéi et ausgesäit: d'Faarw, de Geroch, d'Form, d'Quantitéit.
- du geheis näischt ewech: keng Fläsch, keng Verpackung, keng Kapsel a mol kee Gekatz.

Wéi ass et geschitt?

- Wéini (Auerzäit)
- Wou (genee Plaz)
- Wéi (ass d'Gëft an de Kierper komm)

**D'Affer:**

- Ass et bei Bewosstsënn, schléifereg, am Koma?
- Huet et eng Verbrennung, eng Piqûre oder sech iwwerginn?
- Alter a Gewiicht vum Affer
- Extra Zeechen

- Wann d'Persoun bei Bewosstsënn ass, se froe fir sech ze sëtzen, mat hir schwätzen, se berouegen a waakreg halen.
- Bei Bewosstlosegkeet, déi betraffe Persoun an d'stabil Säitelag leeën, kucken dass se genuch Loft kritt an d'Vitalparameter iwwerwaachen.

- Bei engem Kontakt mat der Haut oder den Aen, 20 Minutte mat 20° waarmem Waasser ofspullen. Kleeder, déi voll mat der Substanz sinn, onbedéngt ausdoen.

- Du kanns de Mond ausspulle fir toxesch Substanzen erraus ze spullen a Verbrennungen ze verhënneren.

- Gëfteg, ätzend an toxesch Substanzen ëmmer richteg versuergen a beschrëften, ni esou Substanzen an aner Fläschen ëmschëdden.
- Keng Friichten oder Champignonen iessen, déi een net kennt!

- Wann s du direkt Zeie bass wann een eng gëfteg Substanz ësst an et sech net ëm e **chemesche Produit handelt**, da bréng d'Persoun dozou sech ze iwwerginn.
(z.B. duerch d'Drénke vu waarmem Salzwaasser).
**An deenen anere Fäll, näischt ze drénke ginn, a keen Iwwergi provozéieren.**

# 4.4.2 Verbrennungen


Am Fall wou…

• e Participant sech bäim Kachen a Brachen en Dëppe kachend Waasser iwwert d'Hand schëtt;
• e Kand beim Eisekuche baken dat waarmt Eisen upeekt;
• beim Lagerfeier de Wand emschléit an e Jonken d'Flamen an d'Gesiit kritt.



Verbrennunge gi geleefeg, je no Gravitéit, an 3 Grade klasséiert:
**1° Grad: Rout Haut an e bësse Wéi.**
**2° Grad: Hellrout Haut, Bloderen, vill Wéi.**
**3° Grad: Déif Verbrennung, wäissgro Haut, KEE Wéi.**

- De Verbrennungsvirgang stoppen.
- Wann d'Persoun a Flame steet, d'Persoun op de Buedem geheien a se rullen, oder mat enger Decken awéckelen.
- Déi verbrannte Plaz 20 Minutte mat 20°C waarmem Waasser killen.
- Wa kee Waasser bei Hand ass, d'Verbrennung mat spezielle Kompresse killen.
- Eng Verbrennung soll wéi eng Wonn ëmmer steril mat Kompressen ofgedeckt ginn.
- Vermeiden, dass de Verletzten ënnerkillt.




- Proppert fléissend Waasser wat +/- 20°C huet (dat heescht dass ee weder fënnt, dass d'Waasser kal oder waarm ass, wann ee seng Hand dran hält) .
- Steril Kompressen.




- Ni mat engem synthetesche Stoff e Feier läschen.
- Keng Kleeder, déi mat der Haut verschmollt sinn, ewechrappen.
- Brandblosen/Bloder ni oppicken.
- Kee Botter oder Ueleg op Verbrennunge maachen.





Verbrennunge vum 2° an 3° Grad solle vun engem Dokter oder an enger Klinik behandelt ginn.
An dëse Fäll solls Du esou séier wéi méiglech Hëllef ruffen.



- Grad mat Kanner oppasse beim Kachen oder beim Lagerfeier.
- De Jugendlechen de sécheren Ëmgang mat Feier bäibréngen.
- Bei eng Feierplaz oder eng Kiche gehéiert ëmmer en Eemer mat Waasser an eng Biitche Sand.
- Wësse wou d'Feierläscher am Chalet hänken, a wéi een domat ëmgeet.
- Mat synthetesche Jacketten, Igluszelter a Schlofsäck besonnesch oppassen, well dës ganz séier brenne kënnen.




## Déift vun der Verbrennung: déi 3 graden

**Den 1. Grad: Epiderm**
Den Epiderm ass dat wat ee gesäit vun der Haut, +/- 1 mm déck
Nëmmen den Epiderm ass betraff; d'Haut ass rout an deet wéi.

**Den 2. Grad: Derm**
Den Derm huet eng Déckt vun 1-4 mm, ass räich u Gefäässer an Nerven, do fanne mer d'Schweessdrüsen, d'Talgdrüsen an d'Hoer.
Den Derm ass betraff; d'Haut ass (hell-) rout, deet wéi, a mécht Blosen.

**Den 3. Grad: Hypoderm**
Den Hypoderm ass déi déifste Schicht vun der Haut, mat vill Fett.
Den Derm ass komplett futti; d'Haut ass verkuelt (wäiss-gro), wéi Karton.
D'Péng verschwënnt, d'Nervenenne sinn zerstéiert.


# 4.4.3 Erfréirungen

Am Fall wou...

• e Jonken am Wanter de ganzen Daag mat naasse Summerschung duerch de Bësch leeft.



Erfréierunge si Verletzungen un der Haut, déi duerch fiicht Keelt entstinn a virun allem op den Extremitéiten (Hänn, Féiss) an exposéierte Plazen (Nues, Gesiicht, Oueren, ...) virkommen. Symptomer si Schwellung, bleech Haut, kee Gefill op der betraffener Plaz.




- Déi betraffe Plaz lues opwiermen, am beschten agepaakt an en Duch oder eng waarm Decken.
- Wann d'Persoun kapabel ass, waarmen Téi ze drénke ginn.



- Déi betraffe Plaz net reiwen, dëst deet immens wéi a kann e Schock provozéieren.
- Ni probéiere séier en erfruerene Kierperdeel mat engem Föhn oder enger Bull opzewiermen.



- Decken
- Waarmt Gedrénks



- Et gëtt kee schlecht Wierder, nëmmen déi falsch Kleeder.
- D'Extremitéite schützen (Mutz, Schal, Händschen).
- Sech beweege fir waarm ze bleiwen.
-Naass a fiicht Kleeder séier wiesselen.

# 4.4.4 Hëtzschlaag a Sonnestach

Am Fall wou...


• e Jonken nom Hike an der praller Sonn owes iwwer Kappwéi klot, et ass him dronken an e bësse schlecht.



En Hëtzschlag ass charakteriséiert duerch eng **héich Kierpertemperatur** déi entstan ass duerch e waarmt Ëmfeld (Vill Leit, Gedrécks, extrem waarmt Wierder) oder duerch eng ganz grouss Ustrengung.
D'Symptomer si Schwindel, Zidderen, Féiwer, Erbriechen, Schléiferegkeet, duerchernee sinn, séiere Bols a séiert iwwerflächlecht Otmen, oder och nach Schwaachfalen.
E Sonnestach huet ee, wann d'Temperatur am Kapp esou héich gëtt dass d'Gehir uschwëllt. D'Symptomer sinn déi selwecht wéi beim Hëtzschlag, et kënnt just nach Kappwéi derbäi.



- Déi betraffe Persoun op eng kal Plaz am Schied bréngen.
- Mat naassen Ëmschléi (op d'Stir, d'Hänn a Been) ofkillen.
- Ze drénke ginn.
- D'Kierpertemperatur iwwerwaachen.



- Wann et déck waarm ass, Aktivitéiten an der praller Sonn vermeiden.
- laangen Openthalt an der praller Sonn (tëschent 11 a 15 Auer) vermeiden
- Ëmmer den Uewerkierper bedecken an eng Kap undinn.
- Vill drénken, schonn éier een Duuscht huet.



Keng kal Dusch ginn, well de Risk vun engem Kreeslaf-Kollaps ze grouss ass.



Wann d'Persoun net méi uspriechbar ass, se an d'stabil Säitelag leeën an d'Ambulanz ruffen. Bei Hëtzschlag oder schlëmme Sonnestéch ëmmer bei en Dokter goen oder am beschten an d'Urgence fueren.

## 4.4.5 Féiwer

Am Fall wou...

• eng Wonn vun engem Jonken sech entzündt huet.



Féiwer ass déi physiologesch Reaktioun vum Kierper  op eng Aggressioun (Infektioun, Krankheet, ...). Dobei geet d'Kierpertemperatur iwwer 38° C.
Aner Symptomer sinn e rout, duerno bleecht Gesiicht, Schüttelfrost a Schweessausbréch, Kappwéi, Duerchernee sinn, a schwéiere Fäll och Convulsiounen (Zidderen, Krämp um ganze Kierper).

- D'Temperatur mat engem Thermometer moossen.
- D'Persoun soll liischt Kleeder undi, fir dass de Kierper ofkille kann.
- D'Persoun soll raschten. Net ze vill zoudecken (der Zëmmertemperatur ugepasst).
- D'Féiwer moossen (am beschten ënnert dem Aarm).
- Vill Waasser oder Téi drénken, well duerch de Schweess geet vill Waasser verluer.
- Kal Ëmschléi maachen.

Bei Féiwerkrämp
- Den Dokter oder den 112 uruffen.
- D'Persoun leeën an d'Kleeder ausdoen.
- Kal Ëmschléi.
- Näischt zwëschen d'Zänn stiechen.
- D'Vitalparameter iwwerwaachen.

Wann d'Féiwer net erofgeet, ëmmer bei en Dokter goen.


Am beschten en digitalen Thermometer huelen, well deen ass vill méi genee a manner geféierlech wéi di al mat Quecksëlwer.

- E Kand, dat Féiwer huet, ass wahrscheinlech am Beschten doheem.
- Féiwer ass e Symptom, dat weist, dass eppes net ok ass. Et ass wichteg, d'Ursaach eraus ze fannen.

## 4.4.6 Bewosstlosegkeet

Am Fall wou...

• e Kand fällt an der Ski-Kolonie schwaach. Et huet och schonn déi Deeg virdrunn net vill giess an net vill geschlof.



Oft ass eng kuerz Bewosstlosegkeet net ganz schlëmm (Emotioun, Hëtzt, Middegkeet, Enner-zocker, Vagus Reflex1 , Bluttdrock dee kuerz fält bei enger Ustrengung), mä muss awer eescht geholl gi wa se méi laang dauert oder no engem Accident, Coup op de Kapp optrëtt.

1E Vagus-Reflex oder vagale Reflex ass eng Reaktioun vum Kierper déi de Bols an de Bluttdrock kann erof setzen. Z.B. duerch kaalt Waasser oder bei Leit déi kee Blutt kënne gesinn, awer souguer och duerch Néitsen oder Houschten.

- D'Persoun flaach op de Buedem leeën an d'Been héich halen, am beschte scho wann et der Persoun dronke gëtt éier se ëmfält.
- Enk Kleeder opmaache fir besser Loft ze kréien.
- Fir frësch Loft suergen, d'Fënster opmaachen, a kucken dass net ze vill Leit ronderëm stinn.


Op kee Fall der Persoun eppes ze drénke ginn, wann se vu sech ass.

Wann d' Persoun net erëm séier zou sech kënnt (+/- 2 Minutten), en Dokter oder eng Ambulanz ruffen.

# 4.4.7 Epilepsie

Am Fall wou...

• e Jonken op engem Weekend eng epileptësch Kris mécht.



Epilepsie, oder och nach epileptesch Kris genannt, ass eng Krankheet wou d'Nerven am Gehir verréckt spillen, an d'Persoun **Krämp um ganze Kierper kritt (Grand mal) oder eenzel Kierperdeeler verkrampfen (Petit mal).**
No der Phase wou d' Persoun krämpt, ass et oft esou dass si nach eng Zäit vu sech ass.

**- Ëmmer den Dokter oder den 112 uruffen.**
- D'Persoun leeën an all Géigestand ewechhuelen, wou si sech kéint dru wéidoen, wann se krämpt.
- Näischt zwëschen d'Zänn stiechen.
- D'Vitalparameter iwwerwaachen.

Bei Persoune, bei deene keng Epilepsie bekannt ass, ëmmer den Dokter oder den 112 uruffen, an esou engem Fall kënnt ëmmer e SAMU, also en Dokter op d'Plaz, eventuell och mam Helikopter.

- Duerfir suergen dass, Kanner/Jugendlecher, déi als Epileptiker bekannt sinn, hir Medikamenter regelméisseg anhuelen.
- Bei verschiddenen Epileptiker kënne Stress, Middegkeet, Emotiounen, Liichtblëtzer, ... d'Krisen ausléisen; wann een dat weess, esou Situatioune sou gutt wéi méiglech verhënneren.

Op kee Fall der Persoun eppes ze drénke ginn, wa se vu sech ass.

## 4.4.8 Asthma

Am Fall wou...

• um Ouschtercamp, owes op der Veillée, kritt e Jonke schlecht Loft, e päift, kritt Angscht. Wat maachen?



**Eng Asthmakris manifestéiert sech duerch eng akut Otemnout; d' Persoun otemt séier, iwwerflächlech an huet Problemer aus ze ootme well d'Loftweeër ganz enk gi sinn.**

- D'Kand/de Jugendlechen  op enger roueger Plaz op e Stull sëtzen a fir frësch Loft suergen.
- Him erklären e soll probéiere lues an déif ze otmen duerch d'Nues anzeootmen a mat zesummegepëtzte Lëpsen aus ze ootmen.
- Oft hunn Asthmatiker e Spray derbäi; hinnen de Spray siche goen an uwenden.

Sech vun den Elteren/ Jugendlechen de Gebrauch vum Medikament erkläre loossen, a kucken dass d'Persoun ëmmer hire Spray bei sech huet (Hike, Ausfluch).

Eng Asthmakris ka verschidden Ausléiser hunn:
- Allergien (Stëbs, Milben, ...)
- Stress
- Kierperlech Ustrengung
- Loftverschmotzung (Smog, Zigarettendamp,...)
- Angscht, Longenentzündung, Gripp
- Verschidde Medikamenter

Wann d'Kris trotz Spray méi laang dauert wéi 10 Minutten, den Dokter oder den 112 uruffen! An esou engem Fall kënnt ëmmer e SAMU, also en Dokter op d'Plaz.

# 4.4.9 Erdrénken


Am Fall wou...

• e Kand an der Schwemm onglécklech vum Sprangbried fält, panickéiert, an ze vill Waasser schléckt.



Erdrénke kann een entweder well d'Loftweeër duerch Waasser zou sinn oder duerch e Verkrampfe vum Deckel vun der Loftröhre (Laryngospasmus) oder duerch eng Hydrocutioun (e Schock duerch plëtzlecht Antauchen a kaalt Waasser).


- D'Persoun séier aus dem Waasser huelen, ouni sech selwer a Gefor ze bréngen, am beschte mat engem Rettungsreef oder enger Loftmatratz.
- Den 112 ruffen.
- Wann d'Persoun bei Bewosstsënn ass, d'Persoun berouegen.
- Wa se Problemer huet mam Otmen, d'Persoun sëtzen an hir op deRéck klappen fir dass se d'Waasser besser aushouschte kann.
- Wann d'Persoun bewosstlos ass an otemt, se an d'stabil Säitelag leeën an iwwerwaachen.
- Wann d'Persoun bewosstlos ass an NET otemt, eng Reanimatioun* ufänke bis Hëllef do ass.



- Wësse wie schwamme kann, en Test maachen éier een a méi déift Waasser geet!
- Oppassen a kloer Regelen opstelle wann ee beim Waasser spillt.
- Ëmmer als éischt d’Ärem, d’Been  an d’Gesiicht naass maachen a lues an d’Waasser eragoen.
- Just nom Iessen net an d’ Waasser goen.
- Genuch Animateuren hunn, déi net mat an d’Waasser ginn an um Bord/Ufer d’Kanner am A behalen.



Eng Persoun, déi sech net gutt spiert, direkt aus dem Waasser huelen.



Wann d’Persoun bewosstlos ass, ëmmer den Dokter oder den 112 uruffen! An esou engem Fall kënnt ëmmer e SAMU.

# 5. Éischt Hëllef-Këscht

## 5.1 Wat kënnt alles dran?

An der Eischt-Hëllef-Këscht solle just Saache sinn, déi ee benotze kann an dierf.

Sënnvoll ass et 2 Zorte vun 1. Hëllefskëschten ze hunn: Eng fir ënnerwee, déi kompakt, liicht a waasserdicht ass, a wou just dat néidegst fir um Tour dran ass. Eng fir am Chalet/Campplaz déi méi ëmfangräich, komplett a grouss ass.




**D'Éischt Hëllef-Këscht muss virun all Aktivitéit kontrolléiert ginn a soll ëmmer propper, iwwersiichtlech a geraumt sinn.**

**Am Beschten ass et, wann een am Grupp oder op der Aktivitéit Responsabel fir d'Éischt Hëllef-Këscht ass.**

### 5.1.1 Fir ënnerwee

- 1 Pak fäerdeg  geschnidde Plooschteren
- 1 Pak Plooschtere fir Bloderen
- 8 einfach Kompressen 8x10 cm eenzel agepaakt
- 2 Metallinkompressen
- 1 Rouleau Leukoplast  1,25 cm x 5m
- 2 elastesch Verbänn 6 cm breet
- 2 elastesch Verbänn 8 cm breet
- 2 Wundschnellverbänn 6x8 cm breet
- 2 Wundschnellverbänn 8x10 cm breet
- 2 Dräiecksdicher
- 1 Schéier
- 1 spatz Pincette
- 1 Bëschzeckenzaang
- 1 Desinfectiounsmëttel fir iwwerflächlech Wonnen (op waasserléisslecher Basis an ouni Iod!)
- Vinyl Händsche fir 1x ze gebrauchen
- 1 Rettungsdecken
- 2 Plastikstuten
- Reparil Gel
- Euceta
- Sonnecrème

Aner nëtzlech Saache fir ënnerwee:

- 1 Packung Drauwenzocker
- D'Adress an Telefonsnummer vum Chalet oder der Camplaz
- Telefonsnummere vun de Responsabel
- Noutruffnummer vum betraffene Land

## 5.1.1 Fir am Chalet/op der Camplaz

- 2 Päck fäerdeg  geschnidde Plooschteren
- 2 Päck Plooschtere fir Bloderen
- 15 einfach Kompressen 8x10 cm eenzel agepakt
- 4 Metallinkompressen
- 1 Rouleau Leukoplast  1,25 cm x 5m
- 2 elastesch Verbänn 6 cm breet
- 2 elastesch Verbänn 8 cm breet
- 2 Wundschnellverbänn 6x8 cm breet
- 2 Wundschnellverbänn 8x10 cm breet
- 2 Dräiecksdicher
- 1 spatz Schéier
- 1 ofgeronnte Verband-Schéier
- 1 Lupp
- Sécherheetsnolen
- 1 spatz Pincette
- 1 Féiwerthermometer
- 1 Bëschzeckenzaang
- 1 Desinfectiounsmëttel fir iwwerflächlech Wonnen (op waasserléisslecher Basis an ouni Iod!).
- Vinyl Händsche fir 1x ze gebrauchen
- Desinfectionsmëttel fir d'Hänn
- Tamponen / Binden
- Sofort-Eisbeutel „Knick-Eis"
- Rettungsdecken
- Isoton Kachsalzléisung "NaCl 0,9%"



**Et ass wichteg, dass all Animateur weess, wat an der Këscht ass a firwat et ze gebrauchen ass. Dofir ass et besser, sech zesummen d'Këscht eng Kéier unzekucken an ze liesen, wat op de Päck steet, wéi herno an enger Stress-Situatioun all Pak onnéideg op ze rappen.**

# 5.1 Explikatioune fir d'Éischt Hëllef-Këscht

### 5.2.1 D'Éischt Hëllef-Këscht:

1. soll liicht ze transportéiere sinn,
2. fest zouzemaache sinn,
3. als Éischt Hëllef-Këscht liicht z'erkenne sinn,
4. einfach zougänglech sinn,
5. si soll fir d'Kanner ausser Reechwaït sinn.
6. soll propper an iwwersiichtlech geraumt sinn.

Nom Gebrauch direkt opraumen an déi gebrauchte Saachen ersetzen.

### 5.2.2 Zum Inhalt vun enger Eischt-Hëllef-Këscht

**Steril Kompressen**
Déi steril verpaakte Kompressen a Verbänn si 5 Joer gutt, wann d'Verpakung intakt ass. Duerno musse se ersat ginn. Si däerfen op kee Fall méi direkt mat enger oppener Wonn a Kontakt kommen.

**Steril Kompresse** si fir eng Wonn ofzedecken oder eng Wonn ze botzen, respektiv ze desinfizéieren.

**D'Plooschteren...**
- solle virgeschnidden an eenzel verpaakt sinn.
- Hygienesch, steril.

**Plooschteren aus Stoff (brong/wäiss) sinn unzeroden**
- Hält besser.
- Formt sech besser un.
- Am Plastik kënne Gëftstoffer enthale sinn an d'Haut otemt net.

- Fir Kanner kann ee jo einfach e 'Männchen...' drop mole wann et muss sinn.

- Och keng Plooschter benotzen, déi mat engem Antibiotika / Désinfectant virimprägnéiert ass (kann eng allergesch Reaktioun ervirruffen).

**Elastesch Verbänn**
- sinn amplaz vu Leukoplast fir Kompressen unze halen oder méi grouss Flächen ze verbannen.
- oder aus hygienesche Grënn fir méi ze schützen wann e Jonke mat engem Verband/Gips mat an de Bësch geet.

**Wundschnellverbänn**
- do ass schonn eng steril Kompress drun an de Verband pecht vum selwen.

**Dräiecksdicher**
sinn als Aarmschléng ze benotzen oder fir eng grouss Wonn ofzedecken (Knéi, Ielebou, Kapp).

**Pincette**
ass fir Spläiteren aus enger Wonn ze huelen.
Si muss virdrun an duerno desinfizéiert ginn.

**Sonnecrème**
De Summer ass et gutt eng Sonnecrème ze hunn, mat héijem Sonneschutzfaktor extra fir Kanner (ass nëmmen 1 Joer gutt !).

**Knick-Eis-Beutel**
Knick-Eis-Beutel sinn Äis-Beidelen an deenen duerch d'Knécke vum Beidel eng chemesch Reaktioun ausgeléist gëtt. Dës Reaktioun mécht, dass de Beidel tëscht -4°C a -8°C kal gëtt.
Ob bei dësem oder engem normalen Äis-Beidel, et soll een ni de Beidel direkt mat der Haut a Verbindung bréngen, mä en ëmmer an en Duch, en T-shirt oder eppes ähnleches awéckelen.

**Bëschzeckenzaang:**
kuck de Punkt 3.3.6

**Vinyl-Händschen**
- Undoe bei Wondbehandlung / Kontakt mat Blutt a Katz.
- Eegene Schutz.
- Hygienesch propper.

**Sécherheetsnolen**
- Si praktesch fir Verbänn an Aarmschléngen zou ze maachen.

**Rettungsdecken**
- Fir ënnert an iwwert een ze leeën
Regel: Sëlwer zum Kierper ass gläich wiermen, Gold zum Kierper ass gläich killen.

**Plastikstuten:**
Fir en Amputat ze schützen an ze transportéieren.
Kuck de Punkt 3.3.13.

**Désinfectant**
Opgepasst: Verschidde Persoune sinn allergesch op bestëmmten Désinfectanten. Informéier dech bei denger Organisatioun wat fir een Désinfectant si virschreiwen an empfehlen. Den SNJ verwennt op Urode vun der „Administration des services médicaux du secteur public" "Hibidil" als Désinfectant, well dësen net brennt a bis elo keng allergesch Reaktiounen drop bekannt sinn.

**Reparil Gel**
Bei Sportverletzungen, wéi Prellungen, Quetschungen oder Verstauchungen.

**Euceta**
Bei liichtem Sonnebrand oder Insektestéch.

**Opgepasst:** Och bei Crèmë/Gel gëllt et opzepassen. All Institutioun huet seng Richtlinn. D'Animateure vum SNJ dierfe bei Sportverletzungen, wéi Prellungen, Quetschungen, Verstauchunge „Reparil Gel" a bei liichtem Sonnebrand oder Insektestéch „Euceta" benotzen. D'Eltere sinn doriwwer am Viraus informéiert (Convention relative à l'administration de médicaments).



# 6. Medikamenter

## 6.1 D'Gerance vun de Medikamenter

**Wann e Kand speziell Medikamenter muss huelen:**

• Am beschten ee Responsable bestëmmen, dee sech dorëms këmmert.

• D'Medikamenter all mam Numm a Virnumm vum Jonke beschrëften.

• Fir all Kand eng eenzel Tut maachen, wou nëmme seng Medikamenter dra sinn. Déi soll een dann zesummen op eng Plaatz stellen:
- déi ee gutt gesäit
- déi dréchen ass (net an der Kichen)
- a wou d'Kanner net dru kommen
- ausser e Medikament misst am Frigo stoen
( z.B. verschidde Siropen).

• Wann dir e Rallye vun engem Dag maacht, un d'Medikament denken a just dat Medikament an der Këscht, an net als eenzel Pëll mathuelen.


• Vergewëssert iech, wéini der et gitt (virum/nom lessen), wéi oft (1, 2, 3 mol/Dag), wéi eng Quantitéit (1 Pëll, 5ml, 10 Drëpsen, ...) a wéi laang (1,2,5 Deeg).

• Fir genau d'Iwwersiicht ze hunn, ass et unzeroden, eng Fiche pro Kand ze schreiwen, wou dir ukräizt wéini dir d'Medikamenter ginn hutt. An der Annexe 9.1 fannt dir e Beispill vun esou enger Fiche. Dir kënnt eng Method, déi un äre Grupp ugepasst ass, entwerfen oder dës Fiche fotokopéieren; dat spuert Aarbecht an Zäit ! Dës Fiche bleift bei deene spezielle Medikamenter.

• Hei fannt Dir e Beispill vun enger Fiche, déi d'Eltren ausfëlle mussen, wann hiert Kand op Medikamenter ugewisen ass.

• Och bei Crèmë/Gel gëllt et opzepassen. All Institutioun huet seng Richtlinn. D'Animateure vum SNJ dierfe bei Sportverletzungen, wéi Prëllungen, Quetschungen, Verstauchunge „Reparil Gel" a bei liichtem Sonnebrand oder Insektenstech „Euceta" benotzen. D'Eltere sinn doriwwer am Viraus informéiert (Convention relative à l'administration de médicaments).

**Medikamenter**
**Als Animateur dierfs du kengem Kand oder Jonkem e Medikament ginn ouni déi schrëftlech Autorisatioun vun den Elteren oder vun engem Dokter. Medikament géint d'Péng, de Kappwéi, Mokrämp, liicht Verbrennungen, Insekte-Stéch falen och ënner dës Direktiv. D'Ursaach ass, dass et Persoune ginn, déi allergesch op verschidde Mëttele reagéieren (z.B. op Aspégic, ...).**
**A bestëmmten Associatiounen ass et trotzdem erlaabt, duerch Protokoll vun engem Dokter, verschidde Medikamenter ze ginn.**



Service National de la Jeunesse

**CONVENTION RELATIVE A L'ADMINISTRATION DE MEDICAMENTS**

Service National de la Jeunesse
B.P. 707
L-2017 LUXEMBOURG

**Par la présente, je soussigné/e :**

Nom (père, mère, tuteur..)____________________Prénom_________________

Adresse : rue ___________________________ numéro_____ L-_____________________

tél. : ___________ GSM :___________________

donne l'autorisation d'administrer le/les médicaments suivants à mon enfant / au participant ____________________________________ pendant le camp, conforme à la prescription du médecin, respectivement conforme à la demande des parents, tuteurs

**Nom du /des médicament(s)**_______________________________________

Ce médicament est administré :
- suite à l'ordonnance du médecin traitant O
  (nom) _____________________
  (adresse) L-_________________________________________________
  numéro de téléphone __________________
- suite à la demande des parents ou tuteurs O

**Le médicament doit être administré du_________ au_______**

Dose______________________________

Horaire : matin_________midi__________soir______

Le médicament doit être gardé au réfrigérateur : oui O non O

Date de péremption du/des médicaments :______________________

Instructions spéciales : (avant/après de manger, couché, debout) : ____________________________

Modes d'administration :oral O rectal O nez O oreilles O

Le médicament sera administré par: (nom de l'animateur/trice) _______________________________


Remplaçant: (nom) _____________________________

En cas de problème ou de doute le responsable du camp peut contacter le médecin traitant :
___________________________________________________________________________________

**Les responsables du camp ne peuvent pas être responsabilisés en cas d'apparitions d'effets secondaires suite à l'administration du /des médicaments.**

Lieu et date Signatures des parents ou tuteurs

Signatures du responsable ou remplaçant



# 7. Assurancen

Op all Aktivitéit soll een Animateur derbäi sinn, deen iwwer d'Assurance Bescheed weess.

**Dir sollt Bescheed wëssen iwwert är:**

• Assurance Accident fir Kierperschued
• Assurance Responsabilité civile (RC; Haftpflicht) fir Kierper- an/oder Materialschued
• Assurance op den Autoen
• Assurance Risque locatif fir d'Gebai wat dir fir eng Aktivitéit lount

**Wichteg ass, dass du weess**

• wat ofgeséchert ass a wat net (eventuell eng Zousazassurance ofschléisse fir eng bestëmmten Aktivitéit)
• wéi s du de Schued bei wiem deklaréiers.


Am Kontext vun engem Accident ass besonnesch d'Assurance Accident vun der „Association d'Assurance contre les Accidents" (AAA) wichteg. Si assuréiert am Kader vun enger „Accidentpolice" Kierperschied, déi sech Participante bei engem Accident während enger Aktivitéit zouzéien. Se gëllt also net bäi Krankheet.

Dëst ass déi nämlecht Onfallversécherung wéi fir d'Schoulen an d'Aarbechtsplazen. Se gëllt och fir den direkte Wee vun doheem op d'Plaz vun der Aktivitéit a fir den direkten Heemwee. All Aktivitéite vu Jugendorganisatiounen hunn esou eng Assurance.
Formulaire an Instruktiounen op: **www.aaa.lu**

* Fro bei denger Organisatioun no wéi en Accident gemellt gëtt a wien dat mécht.

* Wichteg ass, dass et eng schrëftlech Trace gëtt, dass déi accidentéiert Persoun bei denger Aktivitéit, bzw. an dengem Veräin ugemellt ass.

Méi Informatiounen zu aneren Assurancë fënns Du och am „Dossier de l'Animateur N° 2 Sécherheet".




# 8. Fiches médicales

Wichteg ass:
kuerzfristeg virun der Aktivitéit ausfëlle loossen (vun den Elteren oder nach besser mam Hausdokter zesummen).

- ee Responsablen designéieren deen d'Gestioun vun de Fiches médicales méscht.
- all Animateur muss iwwer déi eenzel Jonk Bescheed wëssen, dofir kuckt se eemol zesummen duerch.
- d'Fiches médicales si vertraulech, mä musse fir all Animateur accessibel sinn.
- drun denken d'Fiches mat an d'Klinik oder bei den Dokter ze huelen.
- Wann d'Eltere refuséieren d'Fiche médicale ausze-fëllen, da kann de Jonken net mat op d'Aktivitéit goen.
- och d'Animateure sollen eng hunn.
- No der Aktivitéit ginn d'Fiches médicales zerstéiert.

Mir ginn lech hei dräi Beispiller vu Fiches médicales.


croix-rouge luxembourgeoise
Jeunesse Vacances

FICHE DE RENSEIGNEMENTS MÉDICAUX

Madame, Monsieur,

Dans l'intérêt bien compris de votre enfant, et afin de permettre, le cas échéant, de lui apporter une aide appropriée dans les plus brefs délais, nous prions les parents, respectivement la personne investie de l'autorité parentale, de nous informer de toute maladie grave non spécifiée ci-dessous, dont votre enfant serait atteint. (Tél.: +352 45 02 02 - 1)
Nous vous prions de bien vouloir faire remplir la présente fiche de renseignements par le médecin traitant de votre enfant.
Seules les personnes responsables du séjour auront accès aux données fournies.

Numéro matricule de la sécurité sociale : ................ Caisse de maladie : ................

Nom et prénom de l'enfant : ................ ................

Rue, no. :................ Code postale, localité : ................

*Maladies antérieures de l'enfant :*

| | oui | non | Nature et informations complémentaires |
|---|---|---|---|
| Diabète | | | |
| Epilepsie | | | |
| Asthme | | | |
| Affectation cardiaque | | | |
| Handicaps éventuels | | | |
| | | | |
| Rougeole | | | |
| Coqueluche | | | |
| Diphtérie | | | |
| Varicelle | | | |
| Rubéole | | | |
| Scarlatine | | | |
| Oreillons | | | |

*Autres maladies chroniques nécessitant une surveillance ou prise en charge particulière*

*Opérations subies :*

*Allergies graves :*
aux substances ................
aux médicaments ................

*Vaccinations* (Veuillez joindre une copie de la carte de vaccination) :

| | oui | non | Rappels (date) |
|---|---|---|---|
| DI (Diphtérie) | | | |
| TE (Tétanos) | | | |
| PER (Pertussis) | | | |
| Hib (Haemophilus influenzae type b ) | | | |
| Polio | | | |
| Rougeole | | | |
| Rubéole | | | |
| Oreillons | | | |
| Hépatite B | | | |
| BCG | | | |
| Autres vaccinations | | | |

**www.animateur.snj.lu/formulaires**


MINISTÈRE DE LA FAMILLE ET DE L'INTÉGRATION
Service National de la Jeunesse
B. P. 707
L-2017 Luxembourg
Tél. 478-6455

FICHE MÉDICALE

ACTIVITÉ: ________


Cette fiche a été conçue pour recueillir les renseignements médicaux qui pourront être utiles pendant le séjour de l'enfant

I. ENFANT:
Nom: ________ Prénom: ________
Adresse: ________
Nationalité: ________
Année scolaire: ________ Ecole: ________
Caisse de maladie: ________ No carte: ________
Sexe: Garçon ☐ Fille ☐ Date de naissance: / /

II. VACCINATIONS: (Remplir à partir de la carte jaune de vaccination ou/et joindre si possible une **photocopie** de la carte jaune de vaccination)
Diphtérique / gegen Diphterie Date: ________
Antitétanique / gegen Tetanus Date: ________
Antipolio / gegen Kinderlähmung Date: ________
Méningite / gegen Hirnhautentzündung Date: ________

III. RENSEIGNEMENTS MÉDICAUX:
L'enfant a-t-il déjà eu les maladies suivantes:
Rougeole / Masern / Riedelen oui ☐ non ☐
Coqueluche / Keuchhusten oui ☐ non ☐
Diphtérie / Diphterie oui ☐ non ☐
Varicelle / Windpocken / Waasserpouken oui ☐ non ☐
Rubéole / Röteln / Riselen oui ☐ non ☐
Scarlatine / Scharlach oui ☐ non ☐
Oreillons / Mumps oui ☐ non ☐

Indiquez d'éventuels difficultés de santé ou de comportement en précisant les dates: (maladies, accidents, crises convulsives, hospitalisations, opérations, rééducations, hyperactivité, allergies)


Fiche Médicale (pour long séjour)

fnel scouts & guides

Camp ……….. date…………

NOM et prénom de l'enfant: ................
Matricule N°: 19 . . . . . . .
Caisse Médico-Chir. Mutualiste ☐ Prestaplus ☐ Numéro: ................
NOM et prénom du père/ de la mère
ou du tuteur: ................
Adresse des parents ou du tuteur: ................
☎ ................
Personne à contacter en cas d'urgence
et en cas d'absence des parents: ................
☎ ................


**Vaccinations et date du dernier rappel**:
Tétanos: ………………………. Poliomyélite: ……………………
FSME oui ☐ non ☐ Autres: ................

Quelles **interventions chirurgicales** a-t-il / elle déjà subies?
................
Quand ? ................

**Maladies que l'enfant a déjà eues:**
Varicelle ☐ Scarlatine ☐
Rubéole ☐ Otite moyenne ☐
Rougeole ☐ Angine ☐
Oreillons ☐ Autres ................

**Maladies ou infirmités dont l'enfant souffre actuellement**:
Diabète ☐
Problèmes cardiaques ☐
Autres: ................

**Allergies**
Rhume des foins ☐ As Asthme ....... ☐
Asthme ☐
A des médicaments, lesquels:……………………
Autres:……………………………………………



# 9. Praktesches

## 9.1 Resumes Tabell vun de Fiches Medicales

Hei eng Propose vun enger Tabell, an där s du kanns déi wichteg Informatioune vun de Fiches Médicales zesummefaassen an esou, wann néideg, direkt grëffbereet hunn. Zeechen dir sou Tabellen op e Blat a fëll se mat den Informatioune vun den Fichen.

| Numm Virnumm | Krankheet | Behand-lung Medika-menter | Kann d'Medika-menter selwer huelen | Tetanus Impfung OK? | Huet d'Regel | Allergie | Verschid-denes |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |

## 9.2 Tabell vun de Medikamenter

Photokopéier dësen Tableau sou oft wéi de Camp / Weekend Deeg huet, an notéier all d'Medikamenter déi s du muss ausdeelen.

**Datum:** ..........................................................................................

| Numm Virnumm | Medika-menter an Dosage | Moies | Mëttes | 16h | Owes | Ënnerschrëft vum Chef |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |

# 9.3 Carnet des soins

Et ass wichteg dass Buch gefouert gëtt iwwert d'Soin'en déi vun den Animateuren gemaach ginn, fir e Suivi ze garantéieren. Hei eng Tabell, déi als Virlag ka geholl ginn.

**Carnet des soins:** ..............................................................................

| Datum Auerzäit | Numm, Virnumm | Problém | Soinen | Verlaf | Remarque | Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |
| | | | | | | |

# 10. Bibliographie

KRETZSCHMAR D., BARTZ C.; Erste Hilfe on Tour; Ein Ratgeber für Gruppenstunden, Zeltlager, Freizeiten, Erlebnispädagogik, Ausbildungskurse, Ferien- und Klassenfahrten; Georgs-Verlag; Neuss; 2003; 120 Säiten

ECALARD P., Les Gestes de médecine d'urgence sans matériel; Médecin, Infirmier, Secouriste; Éditions Arnette Wolters Kluwer; France; 2ième édition, 2009; 223 Säiten

KÖHNLEIN E, WELLER S.; Erste Hilfe; Georg Thieme Verlag Stuttgart; 10. Aktualisierte Auflage; 2004; 286 Säiten

SNJ, EQUIPE BOSSES & BOBOS FNEL; Bosses et Bobos; Dossier de l'animatuer numéro 9; SNJ; 2009; 39 Säiten

COLLING E., ADMINISTRATION DES SERVICES DE SECOURS; LPN San Luxembourg; Lehrbuch für den Ambulancier; Verlagsgesellschaft Stumpf + Kossendey mbh; Edewecht; 2008; 549 Säiten

DELVAUX M., FROGNEUX M., GERFAY, GCB – Guides Catholiques de Belgique; Carnet de Premiers Soins; Les pratiques; Namur; 2008; 82 Säiten

# Membres de la commission consultative à la formation des animateurs - éditeurs de la série "Dossiers de l'animateur" :

## Organisateurs de la formation d'animateur A

Elisabeth-Anne a.s.b.l.
Service Jeunesse – Ville d'Esch-sur-Alzette
Ville d'Esch-sur-Alzette - Waldschoul
Point Information Jeunes Esch/Alzette
Maison Relais MULTIKULTI
Service d'Education et d'Accueil Päiperlék
Schëtter Jugendhaus a.s.b.l.
Aministration communale de Pétange
Administration communale de Bettembourg
Maison Relais Préizerdaul
Centrale des Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises
Ville de Differdange- Maisons Relais
Activités de vacances "Spill a Spaass" -Commune de Steinsel
Jugendhaus Wooltz a.s.b. l.
Administration Communale de Hesperange
Ville de Dudelange-Service Structures d'Accueil
Croix-Rouge Luxembourgeoise
Maison Relais de l'administration communale de Roeser
4motion a.s.b.l.
Administration communale de Schifflange
Jugendhaus Remeleng a.s.b.l.
Service Jeunesse- Commune de Strassen
Maison Relais Kehlen
Commune de Käerjeng
Maison Relais Bridel
Maison Relais Schifflange
Administration communale de Sanem
Young Caritas

## Organisateurs de la formation B/ B et C

CAPEL
Young Caritas
Croix-Rouge
Ecole de musique (UGDA)
FNEL
Foyer de la Femme
Groupe Animateur
JEC
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Lëtzebuerger Jugendpompjeeën
SdS (Sportswochen Gemeng Lëtzebuerg)
Service National de la Jeunesse
Elisabeth-Anne a.s.b.l

## Organisateur de la formation d'animateur D

Fonds national de la Recherche Luxembourg
Forum pour l'emploi a.s.b.l. - Projet Klammschoul
Young Caritas - Spillmobil
SNJ - Animateur transfrontalier

## Document édité par la commission consultative à la formation des animateurs

Adresse postale
Boîte postale 707 • L-2017 Luxembourg
Adresse siège
138, blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.lu • www.snj.lu

Ce document a été élaboré par :